



MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber da froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete verfassungsméisseg Vote ze befreien?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi N°6559 iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm fir d'Subventioun vun de sportlechen Equipementer.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif lech elo erspueren, wéi vill Riedezäit déi eenzel Fraktiounen hunn. Dir wësst dat. De Rapporteur huet 15 Minutten Zäit fir säi Rapport. An ech ginn dann direkt d'Wuert weider un d'Madame Rapportrice. Bis elo sinn den Här Arendt, den Här Berger, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser ageschriwwen.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - D'Madame Arendt!

► **M. le Président.** - Entschëllegt! Mä vu dass mer der zwee hunn. Ech sinn ontréischtlech: d'Madame Nancy Arendt. Entschëllegt.

D'Rapportrice, d'Madame Hemmen, huet d'Wuert.

7. 6559 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un dixième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Projet de loi 6559 geet et drëms, fir dem Sport eng Zomm vu ronn 100 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen, fir iwwert déi nächst fënnef Joer, an dat bis den 31. Dezember 2017, Finanzementer an och Subventiounen fir de Bau vun neien oder awer d'ënnerhalen an d'Moderniséierung vu bestoende Sportinfrastrukturen ze garantéieren. Mir schwätzen hei vum zéngte Fënnefjoresplang.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Vläicht e puer Wuert zum Historique. D'Tradioun vun de Fënnefjorespläng huet hir Originen am Budgetgesetz vun 1967, wou festgehale gouf, dass e spezielle Fong geschafe géif, de Fonds d'équipement sportif national, wou déi Zommen drakommen en vue vun der Realisatioun vun engem nationale Sportsprogramm a puncto Equipementer. Mam Gesetz vum 11. November 1968 gouf dunn den éischte Fënnefjoresplang Realitéit, mat engem globale Montant déi Zäit vun 120 Milliounen Lëtzebuerger Frang.

D'Motiver an och d'Argumentatiounen vum deemolege Projet de loi 1317 sinn eigentlech och nach déiselwecht wéi haut. Et gouf sech baséiert op déi opfalend Frequenz vun Haltungsschied, de Manktum u physescher Resistenz bei jonke Leit, d'Heefegkeet vun den Häerz-Kreeslaf-Erkrankungen an och dem nervöse Stress bei den Erwuessenen.

Dat eleng sollt och drop schléissen, dass de Pouvoir public de Bierger all Mëttele sollt zur Verfügung stellen, fir sportlech aktiv ze ginn oder awer fir sportlech aktiv ze bleiven.

Eng Enquête, déi 1961 realiséiert gouf, huet du gewisen, dass eis Sportsinfrastrukturen bái Wäitem net géifen duergoen. An et wier och dréngend néideg, en nationale Réseau en place ze setzen.

An enger éischter Phas sollten déi Fënnefjorespläng sech op eng Durée vu ronn 20 Joer beschränken. Mä och duerno sollt den Elan awer

net ofgebremst ginn. D'Popularitéit vum Sport, grad wéi weider Besoinen un Infrastrukturen, sief et op lokalem, regionalem oder awer nationalem Plang, hunn zu der Weiderféierung vun de Fënnefjorespläng gefouert.

Haut... Abee haut si mer bei der Diskussioun vum zéngte Joresplang, wat jo ganz kloer drop hindeit, dass d'Besoine bái Wäitem net ofgehall hunn.

Erënnere mer drun, dass eleng d'Populatioun vun 1991 bis 2011 ëm ronn 127.000 Leit an d'Luucht gaangen ass, mat eleng an der Stad engem Zouwuess vu 17.500 neie Bierger. Eis Populatioun gëtt och méi al, si bleift méi laang aktiv a si erfuerdert och esou erëm nei Besoinen am Pensiounsalter.

Och wann d'Unzuel vun de Schüler am Fondamental méi oder wéiniger stabil bleift, esou gëtt et awer eng signifikativ Hausse am Postprimaire mat ronn 8.100 Schüler méi vun 1991 bis 2011. Méi Schüler engersäits, an dann awer och eng méi laang an obligatoresch Schoulzäit setze weider sportlech Infrastrukturen viraus.

De Kompetitiounssport huet net nëmmen en Opschwung kritt, mä huet sech och a verschiddenen Disziplinen professionaliséiert. Déi international Participatiounen erfuerderen héichwäerteg Trainingsméiglechkeeten an domat och déi néideg Infrastrukturen.

Onnëtz, lech op dëser Plaz ze soen, wéi wichteg de Sport fir eis Gesondheet a fir d'allgemeng Wuelbefannen ass, besonnesch elo am Zäitalter vun der Sédentaritéit, vum ongesondenessen a mat deenen domat verbonnenen Krankheete wéi Iwwergewicht, Diabetes, Häerzproblemer a villes méi.

An deem Kontext gouf jo och de Plan d'action national „Gesond iessen, méi bewegen“ ausgeschafft, dee sech iwwert déi ganz Populatioun erstreckt, vun de Kanner an de Crècheen iwwert d'Schoulen, d'Sportsclubb, den drëtten Alter, de Sport am handicapéierte Beräich an esou weider.

Och den zéngte Fënnefjoresplang mat all senger Projekte sollt am Kader vun deem globale Sportskonzept gesi ginn.

D'Servicer vum Aménagement du Territoire hu mat Recht drop higewisen, dass zentral Sitë fir d'Sportsinfrastrukturen solle privilegiéiert ginn, fir esou den Accès mam ëffentlechen Transport beschtméiglech ze garantéieren. Privilegiéiert ginn awer och d'Infrastrukture bei de Schoulen an de Centres d'accueil fir déi kleng Kanner. Partenariater an och Synergien tëschent de Gemengen ënner sech oder och mam Stat sollen a Betruecht gezu gi fir déi käschtenopwendeg Baute vu Piscinen oder och soss Equipementer, déi souwuel fir den Enseignement wéi och fir de Public geduecht ginn.

Ech wéilt lech awer dann och op dëser Plaz op d'Kaarte verweisen an der Annex vum Gesetzesprojet, déi e gudden Abléck ginn op d'Repartioun vun de verschiddenen Infrastrukturen hei am Land.

Wat ass dann elo geplangt?

Abee, verschidde Projekte gouden nach vum néngte Fënnefjoresplang mat eriwwegehall, anerer si schonn eragereecht ginn, mä am grouse Ganze kann een elo déi folgend Opzielung emol esou previsionell an och hypothetesch gutthalen:

Siwe Piscinen, zwee national Zentren, een nationale Fechtzentrum, een interkommunale Liichtathletikszenter, sechs Fussballsterrainen - mat deem nationale Fussballstadion abegraff -, sechs Vestiairen, néng Multisportshalen, dräi Sportszentren, zwee Sportsäll, zwielef Sportshalen, eng Tennishal, ee Gymnastikssall, een Hangar fir d'Sportsfliegerei an nach eng ganz Partie aner Sportsplazen.

Wat elo den nationale Fussballstadion ugeet, wéilt ech op dëser Plaz op d'Urgence hiweisen, déi viru Kuerzem nach vun der UEFA rappeléiert gouf, e Fussballstadion normgerecht ze equipéieren, fir och weiderhin nach d'Méiglechkeet ze hunn, fir bei eis international Matcher ze spillen. Ech erënneren, dass dat bis elo just méiglech war, well mer mat enger spezieller Derogatioun gefuer sinn, déi just eis FLF kritt hat. Op nationalem Niveau hu mer et deemno hei mat enger absoluter Prioritéit ze dinn.

De Sportsministère, zesumme mat der FLF, hunn am November 2012 décidéiert, fir d'Vireedungsarbechten unzegoen a fir den aktuelle Site vum Stade Josy-Barthel ze moderniséieren an dorausser dann den neien nationale Fussballstadion ze schafen (veuillez lire: maachen); eng Décisioun, déi och am neie Regierungsprogramm festgehale gouf. Par rapport zum urspréngleche Projet, deem 2009 geplangt

war, huet dës Solutioun de Virdeel, dass mer besonnesch elo an deene méi schwierige budgetären Zäiten déi noutwendeg Emännerungen an och d'Exigence vun der UEFA mat engem rasonablen Investissement an och méi kuerzfristeg kënnen ugoen.

Déi existent Sportsinfrastrukture fir d'Liichtathletik wäerten am Kader vun deemem Projet wuel verschwannen a ginn dann um INS ënnerbruecht. Och hei ass eng gréisser Renovatioun virgesinn, fir souwuel de Besoine vun der FLA wéi och dem Sportslycée an dem CSL gerecht ze ginn.

De Projet vum Velodrom ass elo net direkt an deemem zéngte Fënnefjoresplang verankert. Den initiale Site zu Zéisseng, dee schonn 2006 iwwer e Règlement grand-ducal festgehale gouf, sollt sech am Nachhinein awer net esou eegnen, soudass de Projet reportéiert gouf. D'Gemeng Mondorf ass mëttlerweil déi eenzeg Kandidatin, fir esou eng Infrastruktur opzehuelen. A virum Hannergrond vun den aktuelle budgetäre Contraintë soll dann elo gekuckt ginn, ob de Bau vun enger iwwerdeckter Vélodrom kéint realiséiert ginn am Zesummenhang mam Projet vum neie Mondorfer Lycée.

Mä nieft der Planifikatioun vun den neien Infrastrukturen an Equipementer ass awer och d'Erhale vun allem, wat schonn en place ass a wat am Kader vun de viregte Fënnefjorespläng realiséiert gouf, ganz wichteg. E Listing gëtt Opschluss iwwert déi ufalend Renovatiounsarbechten, déi dann opgrond vun engem groussherzogleche Règlement autoriséiert ginn.

Nei an deem Fënnefjoresplang ass och de Finanzement vun enger Base de données iwwert d'Sportsinfrastrukturen. Op Urode vun der Comexbu, der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire hei an der Chamber, an no de Kontrolle vun der Cour des Comptes wäert elo an Zesummenarbecht mam SIGI, dem Syndicat intercommunal de Gestion informatique, en Inventaire opgestallt ginn iwwer sämtlech Sportsinfrastrukturen am Land, sief et op staatlech oder awer op kommunalem Plang.

Hei geet et zum engem drëms, fir d'Repartioun vun den Infrastrukturen am Land ze dokumentéieren am Sënn vun enger beschtméiglecher Planifikatioun, mä do dernieft soll dësen Outil awer och d'Gestioun an de Suivi vun den Investissementer méi effikass maachen. D'Bierger wäerten doduerch dann och d'Méiglechkeet kréien, fir sech besser ze informéieren, wou a wéini si hire Sport kënnen praktizéieren.

Wat elo de Montant ubelaangt vun dem zéngte Fënnefjoresplang: Abee, déi finanziell Enveloppe war 2008 op ronn 110 Milliounen Euro festgehale ginn an d'Projete fir den néngte Fënnefjoresplang hunn 90 Milliounen erfuerdert.

Opgrond vun de realistesch Donnéeën, déi aktuell ausgeschafft goufen, ass d'Enveloppe fir den zéngte Fënnefjoresplang elo liicht méi déck, an nodeems se an der jetzeger Krisesituatioun an opgrond vun den ugestriefte Spuermoosnamen no ënne revidéiert gouf, ass se, vun den initialen 120 Milliounen Euro, dann elo schlussendlech op ronn 100 Milliounen Euro fixéiert ginn. Wat den Délai vum zéngte Fënnefjoresplang ugeet, esou erstreckt dee sech vum 1. Januar 2013 bis op den 31. Dezember 2017.

Et bleift awer nach ze soen, dass onofhängeg vun deem zéngte Fënnefjoresplang aner Sportséquipement an Infrastrukturen kënnen décidéiert an och finanzéiert ginn am Kader vu spezielle gesetzlechen Autorisatiounen; besonnesch déi am Beräich vun de Lycéeën, déi jo alleguerten eng Sportshal a verschiddener och souguer eng Piscine geplangt hunn. An an deem Kontext kann een och nach vum Site Belval schwätzen, wou och hei e Sports-campus wäert realiséiert gi fir d'Studenten an och soss Schoulen an d'Bierger aus der noer Émgegend.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, op dëser Plaz awer nach eemol ze betounen, wéi wichteg et ass, fir de Sport weider ze ënnerstëtzen. D'Investissementer, déi iwwert dës Fënnefjoresplang duergengefouert wäerte ginn, schafen oder awer verbessere souguer nach d'Konditiounen, déi et de Leit erméiglechen, fir Sport ze maachen. Dat kennt dem Wuelbefanne vu jiddwer Eenzelnen natierlech zegutt, mä et ass och ekonomesch gesinn e preventivt Investissement an d'Gesondheet vun der Populatioun.

Gläichzäiteg ass et awer och ganz kloer, dass och hei de Mot d'ordre vum „utile et néces-

saire“ muss gëllen: dat heescht, rasonabel an dann awer och nohalteg investéieren, soudass d'Infrastrukture funktionell sinn an och optimal kënnen genotzt ginn, esou vill an esou gutt wéi méiglech a vun engem méiglechst breeden a grouse Public. Och den Exposé des motifs vum Projet de loi betount dës Aspekter, an ech denken, dass mat deene Virgabe jiddweree misst kënnen mat deemem Projet averstane sinn.

Zum Ofschluss dann awer natierlech nach den Avis vum Statsrot zu deemem Gesetzesprojet. Hei berufen ech mech op den Avis, deem den 12. Juli 2013 erakomm ass a wou eigentlech bedauert gëtt, dass keen État des lieux oder awer soss eng Analys vun de viregte Fënnefjorespläng gemaach gouf.

Wat elo de Projet vum nationale Fussballstadion, dem Velodrom an och dem neie Liichtathletikszenter ugeet, esou ass d'Fro gestallt ginn, ob et net derwäert wier, fir eng Étud ze maachen am Hibleck op ee gemeinsame Site fir dës dräi Infrastrukturen.

De COSL huet de 7. Juni 2013 säi positiven Avis eragereecht a begréisst, dass an deem Fënnefjoresplang regional Opbesserunge geplangt sinn, grad ewéi och d'Erhalen oder d'Renovatioun vun de bestehende Gebailechkeeten. De COSL bedauert, dass de Projet Velodrom reportéiert gëtt, mä e kuckt awer ganz positiv op de Projet vum nationale Fussballstadion Josy-Barthel, dee wéinst der Urgence séier sollt ugefangan a fäerdeggestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wäit also zu der Presentatioun vum Gesetzesprojet 6559, wou ech nach ka soen, dass de schrëftleche Rapport à l'unanimité vun alle Parteien an der leschter Kommissiounssëtzung approuvéiert gouf.

Heimadder wéilt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Merci, Madame Hemmen, fir deen interessanten a breetgefächerte Rapport, wou Der sämtlech wichteg Secteure vum Sport hei fir eis belicht hutt. Mir hanken - jiddefalls de Gros vun de Leit heibannen, déi hanken - mat Häerz a Séil um Sport, deen extrem wichteg ass fir eis alleguerten, mä och haaptsächlech fir ons Kanner. Mir soen ëmmer „fit for health, fit for competition“ an „fit for fun“! Ech mengen, dat gëllt fir eis alleguerten, an dofir solle mer och ganz vill dru schaffen, dass mer deen interessante Fënnefjoresplang hei gutt iwwert d'Bühn kréien.

Elo eng Spëtzesportlerin an engagéiert Deputéiert: d'Madame Nancy Arendt, épouse Kemp - fir et elo richtig ze soen -, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, fir unzefänke wéilt ech der Rapportrice, der Madame Cécile Hemmen, e grouse Merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an awer och fir déi gutt Zesummenarbecht an der Kommissioun.

Ëm 400 viru Christus huet de griicheschen Dokter Hippokrates scho Folgendes festgestallt: „Wenn wir jedem Individuum das richtige Maß an Nahrung und Bewegung zukommen lassen könnten, hätten wir den sichersten Weg zur Gesundheit gefunden.“

A wat virun iwwer 2.000 Joer richtig war, dat stëmmt haut méi wéi jeel! Mir liwen an engem Zäitalter, wou d'Leit ëmmer méi duerch sougenannten „Zivilisationskrankheiten“ geplott ginn, oft well se ze vill sëtzen, sech net genuch bewegen a schlecht an ongesond iessen an drénken. Besonnesch déi Jonk wuessen haut an enger Welt op, déi anescht ass wéi déi, an där mir - op alle Fall déi meescht vun eis heibannen - grouss gi sinn.

Déi méi héich Unzuel vu Leit, déi bei eis wunne kommen, dat méi dicht Verkéiersopkommes an de Stied an an den Dierfer bréngen et mat sech, datt d'Kanner sech méi ageschränkt an hirem direkten Ëmfeld bewegen an dobausse spille kënnen. Derbäi kommen dann och nach déi nei Kommunikatiounstechnologien, d'Medie souwéi och déi technesch flott modern Computerspiller, déi d'Kanner an hire Bann zéien. Et ass och fir d'Elteren oft méi einfach a méi sécher, se dobannen op der Couche ze beschäftegen, verglach mam Opwand an dem Engagement, deen et bedeit, fir eng aktiv sportlech Betätigung ze garantéieren.

Leif Kolleeginnen a Kolleegen, hautdesdaags weess jiddwereen, datt de Sport an eng gutt Ernährung vill zu engem laangen a gesonde



Liewe bäidroen. D'Politik ass sech dëser Tatsaach och scho bewosst an et ginn zënter Jore scho regelméisseg Initiative lancéiert, fir d'Populatioun ze motivéieren, e gesonden Train de vie ze féieren. D'Regierung huet dowéinst och virun e puer Joer schonn zesumme mam Comité olympique den nationalen Aktiounsplang „Gesond iessen, méi bewegen“ ausgeschafft, deen an deenen nächste Joren nach weider soll développéiert ginn. An dat fënnt komplett d'Ënnerstëtzung vun der CSV-Fraktioun.

D'Utilitéit vum Sport ass haut vu kengem méi contestéiert a gëtt staark gefërdert. Esou eng Politik bréngt natierlech mat sech, datt ee muss an de Sportséquipement an an d'Sportsinfrastrukturen investéieren. An aus dësem Grond stëmme mer dann haut iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm „Équipements sportifs“ of.

De Projet war vun der aler Regierung déposéiert ginn an ass duerch d'Neiwahlen a Verzuuch geroden. Dofir besteet och eng gewëssen Urgence, well verschidde Projekte virun allem an de Gemenge scho méi wäit fortgeschratt sinn an op hir Realisatioun an op hire Finanzement waarden. Et handelt sech ëm regional, lokal an national Projeten, déi vum Plan quinquennal betraff sinn. A fir datt d'Subside kënne bezuelt ginn, ass et nun eemol néideg, datt de Fënnefjoresplang en vigueur ass.

De Plang trëtt iwwregens réckwierkend op den 1. Januar 2013 a Kraaft, wa mir deen dann haut unhuelen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, den zéngte Fënnefjoresplang vun de Sportsinfrastrukture gesäit e Gesamtbudget - d'Madame Rapportrice huet et scho gesot - vun 100 Milliounen Euro vir. Heimadder ginn eng sëllege Projekte realiséiert, beschtméiglech opgedeelt uechtert d'Land, well et och wichteg ass, datt d'Infrastrukture fir all d'Awunner vum Land gutt a séier accessibel sinn. Et däerf een de Leit et net ze schwéier maachen, hirem Sport nozegoen.

Ech wëll net ze vill an den Detail vum Projet agoen, well dëst jo scho ganz explizit d'Madame Rapportrice gemaach huet. Ënnert deene sëllege Projeten, déi solle realiséiert ginn, kënnt Derlech jo bestëmmt virstellen, datt ech mech besonnesch iwwert déi siwe Piscinë freeën. D'Kanner léieren nun eemol just am Waasser schwammen, soudatt mer net laanscht d'Piscinë kommen, och wann dës an hirer Realisatioun an an hirem Entretien méi deier si wéi aner Infrastrukturen an dowéinst oft an der Kritik stinn.

Ech wollt och hei drop hiweisen, datt een et momentan als Otto Normalverbraucher net einfach huet, eng Piscine ze fannen, fir zum Beispill moies schwammen ze goen, well quasi all Piscine vun de Schoulen ausgelaascht ass. Dat ass jo och gutt esou, d'Schoulkanner solle jo och schwamme léieren! Et beweist awer op där anerer Säit, datt nach Schwämmen néideg sinn, fir dës extrem schounend a gesond Sportart auszeüben. Esou ass d'Schwammen eng vun deenen eenzege Sportarten, déi verschidde Leit mat kierperlecher Aschränkung iwwerhaapt nach ausübe kënnen. Ech hoffen, oder mir hoffen, datt dës siwe geplangte Piscinen dës Situatioun dann an Zukunft verbessere wäerten.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, ënnert deene fënnef Installatiounen, déi en nationalen oder regionalen Intérêt hunn, fanne mer op éischer Plaz de Fussballstadion. D'Diskussioune ronderëm de Fussballstadion ware jo iwwer laang Joren eng „never-ending story“. Dowéinst ass et gutt - an d'CSV begreist et ausdrécklech, och vum Käschtepunkt hier -, datt elo de Stade Josy-Barthel an en nationale Fussballstadion ëmgebaut gëtt. De Projet erfëllt och sämtlech UEFA-Kritären a puncto Sécherheet, Zuschauerzuelen an Accueil, Raimlechkeete fir d'Press a Pressekonferenzen oder Méiglechkeeten, fir Dopingtester durchzuführen, fir der just e puer ze ernimmen.

Wa mir dat net maachen, entzitt d'UEFA eis d'Méiglechkeet, fir d'Lännermatcher hei am Grand-Duché ze spillen. Bis elo ass dat ëmmer nach just duerch eng Derogatioun gaangen, déi d'FLF kriit huet. De Minister huet eis an der Kommissioun och informéiert, datt am Stade Josy-Barthel awer och Rugbymatcher kënne gespillt ginn, an dat zur grousser Zufriedenheet - en ass elo net heibannen - vum Kolleeg Krieps.

Dat ass jo och am Ausland oft de Fall, bei de Fransousen an och an England, wou d'Lännermatcher vun deenen zwou Sportarten harmonesch an engem Stadion geplangt a koordinéiert matenee funktionnéieren.

Elo kënnt den Här Krieps eran. Elo hunn ech grad vun Äre Rugbys...

(Interruption)

Voilà!

(Hilarité)

Well d'Liichtathletiksinfrastrukture wéinst den noutwendegen Transformatiounen um Stadion allerdéngs ewechfalen, ass virgesinn, datt dowéinst d'Anlagen um INS solle renovéiert ginn. Dëst ass wuel am Sënn vun der Liichtathletik ze begreifen, an awer werft dës Projet Froen op. Mir wësse jo awer, datt, wa mer dem internationale Standard gerecht wëlle ginn, mir iwwer aacht Couloire verfüge mussen amplaz vun deene sechs, déi mer do hunn.

Ass de Site an dësem Sënn iwwerhaapt nach ausbaufäeg, ouni do musse Gebaier op eemol ewechzerappen, wat eng Käschtenexplosioun eventuell mat sech géif bréngen, och wat d'Vergrößerung vun den Tribünen ubelaangt, déi jo virgesi si fir 600 Leit?

Ech verstinn och de Rasonnement net, fir iwwerhaapt eng Tribün dohinner ze aménagéieren, wa souwisou den Terrain nëmme fir Trainingszwecker a regional Kompetitiounen a Fro kënnt.

Ech huelen un, datt Dir dat jo an enker Zesummenaarbecht mat der FLA gemaach hutt, net datt mir an e puer Joer awer dem Besoin musse nokomme vun engem nationale Liichtathletikszentrum, deen den internationale Standarden entsprécht mat allem, wat och derbäigehéiert.

(Interruption)

Wéi soll de Parkingsproblem ronderëm den INS geléist ginn, wa mer wëssen, datt de Site elo schonn duerch de Sportslycée eleng zu Spëtzenzäiten iwwerlaascht ass, souguer mat Stopp „kiss and go“, wann een d'Kanner just do ofsetzt oder siche kënnt?

De Minister huet jo do an der Kommissioun och vag drop geäntwert mat engem Ausbau vum Stopp „kiss and go“. Well et ass jo awer en Ënnerscheid, Här Minister, ob een d'Kanner do just ofsetzt, fir se an d'Schoul ze féieren, oder dobleift, fir eventuell gären ze kucken, wa se trainéieren oder och eng Course lafen.

Dëse Parkingsproblem gëllt jo net nëmme fir dës Site, mä och fir den nationale Fussballstadion. Mir wären dofir schonn interesséiert ze wëssen, wéi de Sportsminister sech konkret virstellt, dësse Parkings- a Verkéiersproblem souwuel um Cents wéi och op der Areler Strooss ze léisen. Et muss ee jo bedenken, datt op esou engem internationale Fussballmatch bis zu 9.000 Leit solle kënnen empfaange ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, an Zäiten, wou d'Finanzen net gutt sinn an de Rimm méi enk muss geschnallt ginn, sinn 100 Milliounen Euro vill Geld. Wéi dës Projet vun der aler Regierung ausgeschafft an déposéiert ginn ass, war scho kloer, datt sech op de strikte Minimum musse reduzéiert ginn. Et muss ee sech der Decken no strecken. Méi cibléiert Investissementer mat manner Suen a méi effikass an och fonctionnel bauen, heescht et.

Wat elo d'Verdeele vun de Subsidien ugeet, sou hat de Minister bis elo ëmmer d'Méiglechkeet, de Gemengen an de Federatiounen en zousätzleche Subsid ze ginn. Am Artikel 4 vum Text vum Projet de loi 6559 ginn elo d'Gemengen net méi genannt. Just nach d'Centres nationaux ginn opgezielt. An anere Wieder also: just nach d'Federatiounen.

Dëst ass natierlech keng einfach Situatioun fir d'Gemengen, well si an Zukunft net méi wéi virun an eenzelne Fäll op zousätzlech Subsidie kënnen zrëckgräifen. An datt dës Aschneidunge virun allem bei méi klengen a méi aarme Gemenge sech bemierkbar maachen, ech mengen, dat ass evident. Duerch dës méi neien, méi exakte Bähëllefssystem sinn d'Gemengen opgefuerdert, an Zukunft anescht ze plangen, fir sech eventuell och, esou de Minister, ze schützen virun eventuellen onnéidegen Installatiounen oder Luxusedrivé bei Projeten.

Madame Presidentin, ee vun den Haaptobjete vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Schafe vun enger Banque de données de l'infrastructure sportive nationale. Unhand vun dësem Inventär vu sämtleche Sportsinfrastrukturen am Land an och der Informatioun iwwert d'Benotzung kann an Zukunft besser a méi effikass geplangt ginn an domadder och gespuert ginn.

Och wann a sengem Avis de Statsrot drop hiweist, datt de Passus zur Banque de données kéint aus dem Projet gestrach ginn, well keng Données à caractère personnel viséiert sinn an domadder keng Autorisatioun duerch e Gesetz

néideg ass, kënne mir d'Konklusioune vun der Sportskommissioun zu dësem Punkt awer novollzéien a weisen an dësem Sënn op d'Versécherung vum Sportsminister hin, deen zoustänneg Règlement grand-ducal an eiser Kommissioun duerchediskutéieren.

Et sief awer drop higewisen, datt och wierklech muss garantéiert sinn, datt dës Datebank just Informatiounen iwwert d'Infrastrukture sammelt a keng Donnéeën iwwert d'Utilisateure vun dësen Infrastrukturen.

Mir wollten awer op dëser Plaz d'Schafe vun esou enger Base de données ausdrécklech begreifen. Dës Datebank bréngt déi néideg Informatiounen, méi Transparenz, eng besser Gestéiung, e gudden Iwwerbléck doriwwer, a welcher Phas e Projet drun ass, och wat säin Amortissement ubelaangt, souwéi och eng administrativ Vereinfachung fir d'Gemenge mat sech. Besonnesch luewenswäert fanne mir, datt dës Datebank sech och un de grouse Public wennt, dee sech doriwwer informéiere kann, a welchen Infrastrukture wou a wéini säi Liiblingsport bedriwwen ka ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net vergiessen, an dësem Kontext ass och den Zougang u sech zu sportlechen Infrastrukturen ze erwähnen. Zu Lëtzebuerg si mer jo an der glécklecher Situatioun, datt d'Veräiner an d'Federatiounen allermeeschtens gratis Accès hunn an d'Halen, op d'Terrainen, Piscinen, déi och vun de Schoule genotzt ginn. Dës Gratuitéit vun den Infrastrukture ass leider net an all Land esou ginn, soudatt am Ausland scho vill Veräiner et ganz schwéier hunn. Mir sinn zu Lëtzebuerg zimlech verwint an dëser Hisiicht.

An dach ass och hei net alles optimal. Esou ass den Zougang zu sportlechen Infrastrukturen och net ëmmer garantéiert zum Beispill an de Schoulvakanten, an dëst meeschtens duerch Personalmangel. Dëst ass virun allem fir den Héichleistungssportler e grouse Problem. Et ass un der Politik, sécherzestellen, fir hei no Léisungen ze sichen, fir kënnen déi sëllege deier a ganz gutt agerichte Sportsinfrastrukturen och wierklech accessibel ze maache fir eis beschte Sportler.

An dësem Kontext gouf jo och schonn an Zesummenaarbecht mat dem Aarbechtsministère e Projet pilote gestart. A mir hoffen dann, datt deen och weider ausgebaut gëtt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Och wat d'Prestatiounen vun dësen Infrastrukturen ubelaangt, héiert een ëmmer méi oft, datt verschidde vun dëse Services, zum Beispill den Tableau de chronométrage fir eng Kompetitioun oder de Chlor, un d'Veräiner an d'Federatiounen ewell verrechent ginn, déi eigentlech ëmmer zum Gesamtpaket gehéiert hunn. Hei entwéckelt sech e schlächenden zousätzleche Käschtepunkt, dee verschidde Veräiner a Federatiounen net droe kënnen an deen eng weider Belaaschtung bedeit, virun allem fir déi Sportarten, déi net finanziell esou déck do sinn. Oft mam Resultat, datt Leit, déi sech do bénévolé engagéieren fir eis Kanner, duerch dës zousätzlech finanziell Belaaschtungen esou dee leschte Mutt geholl kréien, fir nach eppes ze organiséieren.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et läit mer um Häerz, vun der Wichtigkeet vun deem ze schwätzen, wat innerhalb vun dëse Sportsinfrastrukture geschitt, déi haut zur Debat stinn. D'Gebaier sinn dat eent. Dat, wat all Dag dran ofleef, dat ass dat anert.

Fir datt an eise Veräiner a Federatiounen dësen dagdeeglechen Effort vun deene sëllege Bénévolen och weiderhi kann a wäert gelescht ginn, musse mer och weiderhin dréngend Initiative starten, fir de Bénévolat ze féieren an ze stäerken. Esou ass et awer un der Politik, ze kucken, d'Weichen esou ze stellen, datt de Bénévolat méi attraktiv gëtt an datt d'Leit Loscht kréien, sech ze engagéieren.

Ech wollt an dëser Hisiicht froen, wat d'Regierung gedenkt zousätzlech an deenen nächste Joren ze ënnerhuelen, well de Regierungsprogramm ass do zimlech vag.

Gesäit de Minister eng Chance, de Volontariat an e gesetzleche Kader eventuell eranzehuelen? Eng vun de viregte Moosssname war jo, de Bénévole vum Joer ze sichen. Bréngt esou eng Initiative den néidege Schub an hutt Der wëlle, dës esou wichteg Eierung fir vill Engagéierter am Sport an dësem Format weiderlafen ze loosser oder eventuell ze iwwerdenken?

Hätt een hei net besser, de proposéierte Leit fir hire laangjähregen Engagement e Cadeau ze maachen an hir Mériter virun allem ervirzesträ-

chen, wéi éischer no subjektive Kritäre just een eenzelnen oder zwee, dräi Gewënner ze nennen?

Et huet een heiansdo d'Gefill, datt et souguer méi op d'Zesummesetzung an d'Qualitéit oder besser gesot d'Konscht vun der Presentatioun vum Curriculum vitae ukënnt, deen déi zoustänneg Federatioun eragëtt, wéi op dat, wat do all Eenzelne vun hinne fir säi Land a fir säi Sport jorelaang gelescht huet...

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- ...a wou der méi mat enttäuschte Gesichter heemginn, wéi ee mengt. Mir froen eis hei, ob e sportlecht Klassement net hei awer op der falscher Plaz ass fir dëst esou gutt a wuelgemengtent Konzept oder Iddi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et läit menger Partei no, nach méi allgemeng op déi dräi Volete vum Sport - de Kompetitiounssport, de Schoulsport an de Fräizäitsport - anzegoen, déi fir eis, ech betounen dat, allen dräi gläich wichtig sinn. A mir mussen och an déi allen dräi weider investéieren.

De Leeschtungssport ass ganz kloer d'Aushängeschild, duerch dat déi Jonk oft motivéiert ginn, de Sport ze bedriewen. Héichleistungssportler si Virbiller fir eis Kanner. Si kucken op zu hinnen, renne mat de Fändelen hannendrun a wëllen esou ginn oder si wéi si. Dofir ass et och wichteg, datt se sech wéi Virbiller behuelen.

Lëtzebuerg huet en Numm am Sport kritt a sech op d'Weltkaart vu verschidde Sportarten placéiert an esou Opmierksamkeet op eist Land gelenkt. Dës Dimensioun vum Sport muss weider gefërdert ginn, well si ka fir eist Land vill bewegen. Net nëmmen, wat den Nationalstolz an den Zesummenhalt ubelaangt, mä virun allem, well eis beschte Sportler de Bléck op eist Land zéien.

Wat de Schoulsport an de Sport loisir ubelaangt, bleift et virun allem déi preventiv Dimensioun, déi d'Madame Rapportrice schonn ënnerstrach huet. All Etüde weisen, datt eng Erzéiung mat Sport a Bewegung sech positiv op dat ganz Liewen an d'Gesondheet auswirkt, datt se an all Alter d'Leit méi gesond hält an datt och besonnesch am Alter eng sportlech Aktivitéit souwuel de Kierper wéi och de Geescht fit hält.

An de Schoule kréien d'Kanner oft den éischte Goût dovunner, wat de Sport ass, a si léieren d'Sportarten kennen. Leider ass et oft esou, datt haut verschidde Kanner elementar Bewegungsofleeft net méi kënnen, well se net allze oft d'Méiglechkeet kréien, sech sportlech ze betäegen, an dëst aus den ënnerschiddlechste Grënn.

Vill Kanner sinn nieft der Schoul a Kannerbetreuerinfrastrukturen ënnerbruecht. Dëst erfuert e Sportskonzept, dat dëser Situatioun Rechnung dréit. Mir fannen et wichteg a richtig, datt eis Regierung sech virgeholl huet, am Beräich vum Schoulsport d'Léier- an d'Betreuerpersonal am Sport besser ze forméieren, an datt elo méi a besser Initiative fir déi motorech a sportlech Entwécklung vun de Kanner a Jugendleche geholl solle ginn. Dat kënne mir als CSV nëmmen ënnerstëtzen a fannen dës Initiativ ganz luewenswäert.

Ganz interessant ass och de Plang, fir d'Programmer an d'Horairé vun de Sportsstonden an der Schoul an ausserhalb an de Betreuerinfrastrukturen ze optimiséieren. Mir froen eis just, wéi dëst genee soll an der Praxis, virun allem wat d'Schoul ubelaangt, ëmgesat ginn, well an der Theorie héiere sech déi Saachen nämlech ëmmer ganz flott un; an der Praxis gëtt et dann awer oft méi schwierig, fir och Tate folgen ze loosser.

Här President, all Mënsch gëtt sech ëmmer méi bewosst, datt mir nëmmen ee Kierper hunn, op dee mer oppasse mussen oder besser gesot därefen. Och de Sport am Alter hält ëmmer méi zou. Sport ze maache verhélefft deenen Eelern zu engem gudde Kierpergefill an enger gudder Fitness am héijen Alter.

Esou kann ee scho bal soen, datt zurzäit zu Lëtzebuerg eng nei Kultur vu Sport a Wuelbefannen entsteet. Dëst ass ze begreifen a gëtt en plus och ëmmer méi en ekonomesche Facteur. Zum Beispill duerch déi sëllege Sportsgeschäfte, d'Entwécklung an der Ernährungswissenschaft an dësem Gebitt, riseg Sportevenemen-



ter, déi Touristen op Lëtzebuerg lackelen, déi ëmmer méi heefeg Fitnesszentren a Wohlfühltempelen, gradesou wéi déi rasant Entwécklung vun der Zuel vum Personal Trainer. Dëst wäert an Zukunft net ofhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn um Enn vu mengen Ausféierungen ukomm. D'CSV-Fraktioun wäert dësem Projet, Madame Rapportrice, selbstverständlech zoustëmmen, wéi se et och schonn an der Kommissioun gemaach huet, well et e wichtegt Gesetz ass fir de Sport an eisem Land, deen déi néideg Infrastrukture brauch, fir gutt kënnen ze fonctionnéieren.

Méi wichteg ass awer, an ech sinn elo just dorobber agaangen, dat, wat an den Infrastrukture stattfënnt. D'Infrastruktur, d'Schuel, dat ass dat eent. D'Fëlle vun deem, wat do gemaach gëtt, d'Freed um Kierper an un der Bewegung, wéi de Sport betreit gëtt, wat trainéiert, wéi gelidden, geschweesst a gestridde gëtt, alles am Respekt vum Éigner an am Fairplay, d'Häerz also vun der Infrastruktur, dat ass dat anert.

Et ass un der Politik, sécherzestellen, datt d'Konditiounen geschafe ginn, fir datt dës Sportsinfrastrukturen optimal genotzt kënnen ginn a mat Liewe gefëllt kënnen ginn. An allgemeng brauche mer hei zu Lëtzebuerg eng Politik, déi Loscht a Freed um a fir de Sport vermëttelt. Vive de Sport!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Arendt. Als nächste Riedner wär den Här Eugène Berger um Tour. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wéilt och direkt der Rapportrice Merci soe fir hiren ausféierlechen éischte Bericht hei an der Chamber. Dee war exzellent, an ech hoffen, datt mer nach vill Rapporte vun hir wäerten hei héieren.

Bon, et ass haut e bëssen en Anniversaire. Et ass den zéngten Anniversaire vum Fënnefjoresplang. An et ass och e bëssen Tradition hei an der Chamber, datt da sportlech engagéiert Politiker defiléieren hei op der Tribün, fir eng Rei Remarquen ze maachen zu deem Plang. Gradesou wéi meng Virriednerin Nancy Arendt, déi schonn eng ganz Rei Facettë vum Sport ugeschwéi huet a praktesch ganz komplett war, soudatt et da schwéier ass natierlech, duerno och als Sportler do nach vill bäizefügen.

Ech wéilt awer trotzdeem zwou, dräi méi generell Remarquë maachen um Ufank; fir d'Éischt, fir op d'Wichtigkeet vum Sport an eiser Gesellschaft awer méi generell hinweisen. Ech mengen, de Sport ass wichtig am Bezug op d'Gesondheet. Een, dee Sport mécht, dee sech beweegt, dee gëtt net esou schnell krank. Deen huet eppes, wat e ka fir säi Kierper maachen, fir dee fit ze halen. Dat ass och am Sënn vun der Preventioun. Dat ass och am Sënn am Endeffekt, fir Suen ze spueren, well dann och eis Krankekeese manner schnell belaauscht ginn.

Sport ass awer net nëmmen eppes, wat dem Kierper eppes bréngt. Sport ass och eppes, wat dem Geescht eppes bréngt. Ech mengen, datt een och kann duerch de Sport, an ech mengen, dat si ganz vill Mënschen, net nëmme Spëtzesportler, mä och Breedessportler, déi eigentlech den Épanouissement personnel, also déi perséinlech Entfaltung dobäi sichen.

Dat kann zum Beispill sinn, datt een einfach en Ausgläich sicht, wann een en haarden Aarbechtsdag huet, wann ee Stress hat. Dat kann awer och sinn, datt ee sech wëllt selwer verwierklechen, op egal wat fir engem Level. Mir kennen ëmmer méi Leit, déi zum Beispill sech als Zil huelen, eng Kéier e Marathon ze lafen an dorunner kënnen schaffen, fir einfach och esou een Zil kënnen ze realiséieren, sech selwer Ziler ze setzen, sech selwer kënnen ze realiséieren.

Dat huet och eppes mat Unerkennung ze dinn. Bei de Spëtzesportler natierlech, déi wëllen e Resultat hunn, déi sech doduerjer dann och kënnen confirméiert fillen duerch all déi Ustrengegen, déi Trainingsen, déi se gemaach hunn, mä awer och wéi gesot bei deem Eenzelnen, deen de Sport op engem méi niddrege Level mécht. Dat kann also och beim Fräizäitsport erreecht ginn.

Natierlech huet de Sport och eng sozial Komponent. An de Veräiner, op anere Plaze komme Sportler zesummen, léiere sech kennen, et gi Brécke gebaut. Ech denken do besonnesch och un déi Aspekter vun der Integratioun vun eisen auslännesche Matbiirger, wat ganz oft den Ufank fënnt an engem Sportsveräin. Mir hu ganz vill, ech denken zum Beispill u Fussballsveräiner, wou ganz vill Integratiounsarbeit am Endeffekt an deem Sënn gemaach gëtt.

Sport huet och eng ekonomesch Komponent, dat wësse mer allegueren, mat all deene Produiten, déi op de Marché komme fir d'Sportler, mat Mënschen, déi vum Sport liewen, well se Profisportler sinn oder well se an deem Business schaffen. Dat kreéiert Aarbechtsplazen. Do ginn also ganz vill Suen och ëmgewälzt. Wann ech nëmme gëschter huelen, do hunn ech héieren, datt eng Olympiad - also d'Winterspiller vu Sotschi - 36 Milliarde kaschten. Dat heescht, do ass also och ganz vill vum Geld, wat duerch de Sport an Émlaf ass.

An et wär eigentlech interessant, fir och eng Kéier emol déi Fro hei zu Lëtzebuerg ze stellen. Ech froen also de Minister, e muss se haut net beäntwerten, ech soen einfach, et wier interessant, eng Kéier nämlech déi Fro ze stellen, wéivill de Sport hei zu Lëtzebuerg zum PIB bäidréit.

Et gëtt natierlech och Problemer, an ech wëll emol soen an eiser Gesellschaft, well net genuch Sport gemaach gëtt. Et sinn Etüden, déi gemaach gi sinn. Et héiert een et jo ëmmer erëm. Och nach virdrun ass et scho gesot ginn, datt mer anscheinend eis net méi genuch bewegen an eiser Gesellschaft. Dat fänkt bei de Kanner un, well se net méi zefouss an d'Schoul ginn, mä dohinnergefouert ginn, sief dat mam Bus, vun den Elteren, sief dat, datt se duerch Computer, Fernseh an esou weider net méi genuch vläicht am Alldag sech bewegen. Dat ass och bei Erwuessener, gëtt gesot, de Fall, datt se eben och do eng Liewensweis hunn, déi net méi op Bewegung ausgebaut ass.

Ech muss zwar soen, ech hunn heiansdo meng Douten iwwert déi Etüden. A wann ech och a mengem perséinlechen Ëmfeld kucken, meng perséinlech Erfahrung kucken, muss ech soen, hautdesdaags kennen ech a mengem Frëndeskreis der méi wéi jee, déi elo Sport maachen oder déi, loosse mer emol soen, sportlech aktiv sinn, méi wéi fréier, déi op eemol ufänken, net nëmme weinst der Midlife-Crisis, mä einfach esou. Déi fänken un, Marathon ze lafen, an de Fitnessclub ze goen asw. An och bei de Kanner. Ech kenne vill Elteren, déi sech bekloen, datt se soen: „Ech ginn net fäerdeg, Taxi ze spillen, well um véier Auer muss en nach an de Fussball an um sechs huet en awer och nach en Tennis-cours.“, an esou weider.

Also, meng perséinlech Erfahrung ass, ech froe mech, ob dat wierklech effektiv an der Realitéit esou ass, wéi et duergestallt gëtt, an datt mer haut op alle Fall sécher net méi schlecht wéi fréier sinn. Mä au contraire, wann ech kucken, wéi ech an d'Primärschoul gaange sinn, datt do vill manner Méiglechkeete waren, vill manner Sport gemaach ginn ass.

Ech sinn op d'Wiss mat de Kollege Fussball spille gaangen, wou mer zwee Poteauen dohinnergestallt hunn, oder an de Bësch lafe gaang sinn, klammen oder soss eppes gemaach hunn, an datt eigentlech also haut d'Situatioun, déi esou schlecht duergestallt ginn ass, am Endeffekt net esou schlecht ass, a fréier effektiv vläicht manner Bewegung do war. An dat war och d'Origine vun deene Fënnefjoresplang, wann een dat noliest.

D'Madame Rapportrice hat dat jo och kuerz erwähnt an hirem Rapport, datt dat eigentlech eng vun den Ursaache war, fir esou e Plan quinquennal anzeféieren, datt dat eigentlech war, well deemools festgestallt gi war, dat war 1968, datt net genuch Bewegung, net genuch Sport géif (veuillez lire: géif an eiser Gesellschaft) gemaach ginn.

Ech mengen, sécherlech bleiwen nach eng Rei Efforten awer ze maachen, fir nach méi Leit zu der Bewegung an zum Sport ze kréien. Een Element, fir dat ze maachen, ass natierlech och a mengen Aen, als fréieren Enseignant, de Schoulsport, datt een do ganz vill Saache ka mat op de Wee ginn. Do kann ee ganz vill scho maachen.

Haut net nëmme Schoulsport, mä ech géif soen, och all Maison relais an all déi Infrastrukturen, déi elo an engem Ganzen och mat dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse verbonne sinn. An och meng Virriednerin huet jo op d'Wichtigkeet do higewisen, datt een do net den Zuch verpasst a wierklech vun Ufank u kuckt, an deenen Infra-

strukturen en adequate Sport oder Sportenseignement oder - wéi soll ech soen? - eng Approche zum Sport do och ze vermëttelen.

An dann natierlech, fir datt een d'Leit zum Sport kritt, sinn natierlech och d'Infrastrukture wichteg. An da kommen ech dann och zum Projet de loi hei. Et kann ee sech natierlech froen, ech och als Budgetsrapporteur, wahrscheinleche Budgetsrapporteur vun 2014... Entschëllegt, Här President, ech wëll där Saach net virgräifen!

► **M. le Président.** - Kee Problem.

(Hilarité)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Et kann ee sech froen, an Zäiten, wou soll gespuert ginn: 100 Milliounen, dat ass e gudd Batz Geld. Ech muss awer soen, wa meng Informatiounen richtig sinn, waren au départ eppes 120 Milliounen am Gespréich. A wa meng Informatiounen richtig sinn, huet de Sportsminister och do schonn awer dee Virsaz, fir ze spueren, ugesat a schonn 20 Milliounen gestrach, ier de Projet iwwerhaupt an d'Chamber komm ass.

Ech mengen, dat ass e gudden Effort. Bon, et kann een och elo soen, et ass net onbedéngt ginn, datt herno all déi Suen ausgi ginn. Et muss een och vläicht soen, datt een en cours de route bei deene Projeten, déi elo emol programméiert sinn, datt een do nach vläicht ka kucken, ob do, op där enger oder anerer Plaz, e bësse Sputt dran ass.

Well et ass jo esou, datt mer an der Vergaangenheet, muss ee soen, awer ëmmer -jo! -, kommt, mir soen, gären am Luxus gebaut hunn, bei eise Sportsinfrastrukturen. Ech als President vun enger Federatioun, wa mir emol hei zu Lëtzebuerg regional, international Kompetitiounen organiséiert hunn, an da si Sportler aus dem Ausland heihinnerkomm, déi sinn an d'Vestiaire komm, déi sinn op aner Plaze komm, déi éischt Kommentare waren net „wéi schwéier gëtt haut d'Kompetitioun“, déi éischt Kommentare waren: „Dir hutt awer hei schéi Vestiaire. Dir hutt awer hei schéin Anlagen.“

Also, och do: Sécherlech muss een eng Rei Saachen uerdentlech maache bei de Sportsinfrastrukturen, mä datt een och do kuckt, net onbedéngt mussen d'Ham an der Mëllech ze kachen an déi schéinste Plättercher iwwerall an de Vestiairen ze hunn, datt een do och vläicht déi eng oder déi aner Milliounen kann ënnert dem Stréch spueren.

An dofir ass jo och dat neit Element vun den Datebanken, fannen ech, en interessanten Aspekt, net nëmmen och fir d'Informatioun vun de Bierger, mä virun allem och als Instrument vun deem Screening, dee mer elo wëlle maache mat den Analyse vun der Bestandsopnahm, datt also och déi Datebank do hire Sënn ka maachen.

Et ass och scho virdru gesot ginn: D'Infrastrukture si gutt. D'Coque ass, eigentlech am duebele Sënn och, eis „Coque“. Mä natierlech ass och (veuillez lire: ass och dat, wat bannendra geschitt,) den Encadrement immens wichtig op allen Niveauen, beim Spëtzesport an och beim Breedessport.

An dat ass eng Problematik hei zu Lëtzebuerg, muss ee soen, besonnesch, wat de Breedessport ubelaangt oder och eben den net ganz ieweschte Level vum Spëtzesport, datt mer ëmmer méi Schwierigkeeten hunn, Bénévoler ze fannen oder iwwerhaupt Trainer, qualifizéiert Trainer ze fannen, fir dat ze encadréieren. An do sinn an der Vergaangenheet jo Aktiounen gestart ginn. Och meng Virriednerin war schonn dorobber agaangen. Et wier vläicht gutt eng Kéier, wann een do kéint e Bilan maachen a kucken, wat een awer nach kéint verbessern, fir ebe méi Leit fir de Bénévolat ze gewannen an eventuell och méi Trainer erëm ze gewannen.

Souwäit ech am Bild sinn, sinn déi eng oder déi aner Saachen, déi um Niveau vun der ENEPS gemaach ginn, fir d'Formatiounen e bëssen, zum Deel, nei ze strukturéieren, fir de Leit et ebe méi attraktiv ze maachen, fir op dee Wee ze goen.

En anere Problem wëll ech awer och kuerz uschwätzen, dat ass dee vun dem Accès zu de Sportsanlagen, déi mer hei am Land hunn. Mir hu ganz vill Anlagen, déi gutt sinn, besonnesch och um kommunale Plang, mä wou awer ëmmer erëm Schwierigkeeten sinn an och Kloe kommen, datt net, ech wëll net soen, zu all Moment, mä et awer oft schwéier ass, fir regelméisseg kënnen dohinnerzegoen, déi ze benotzen, Infrastrukturen, déi mat öffentleche Gelder gebaut gi sinn, an/oder heiansdo guer net ze benotzen.

Ech huelen ee konkret Besipill: A menger Gemeng ass eng sougenannten „interkommunal“ Schoulsport ass, mä wou awer ganz vill Plagë sinn, wou déi Piscine eidel ass a ganz vill Bierger aus der Gemeng zum Beispill wëilten dohinnergoen an einfach gesot gëtt: „Jo, mir hunn da kee Schwammeeschter.“ Mä kéint een dann awer net do ëmgedréit soen: „Ma, déi Leit, da bezuelen déi eppes. Jiddwereen ass och prett, an dat soll jo net gratis sinn, fir dann an déi Piscine ze goen.“ An da kéint ee jo mat deene Sue Leit astellen an et géif ee souguer Aarbechtsplazen doduerjer kreéieren.

Soudatt een also dat wierklech muss kucken, datt déi Infrastrukturen net nëmmen um kommunale Plang, mä och um nationale Plang, och an de Schoulen, a villen öffentleche Schoulen, datt een déi besser zougänglech mécht, well jo eben déi Infrastrukturen en Outil sinn, fir d'Leit och zur Bewegung ze invitéieren. An och do wier et vläicht gutt, datt een do Pisten opzeechent oder sech wierklech do virhëlt, fir dat ze verbesseren.

Heiansdo scheitert et och u kleng Saachen. Ech kenne Fäll, ech wëll dat hei net ze vill dévelloppéieren, ech schwätzen elo eigentlech och als President vun enger Federatioun, do ass eng Klammmauer, déi an enger Hal ass, déi zu enger Schoul gehéiert, souguer fir mech war et an deene leschten zéng Joer net méiglech, eng Kéier op där Mauer klammen ze goen, well do ee Prof oder zwee Proffe gemengt hunn, dat wier net méiglech. Et kann net sinn, datt e Prof décidéiert, wou hei am Land mat öffentleche Gelder finanziéiert Infrastrukturen dierfe benotzt ginn oder net.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - En anere Problem, deen ech och wëll kuerz opwerfen, dat ass, wa mer Gebaier musse renovéieren, och nei bauen natierlech, wat mer an där leschter Zäit hunn, an et si jo eng Rei Halen, Sportsinfrastrukturen, bei deenen dat muss geschéien, datt do ëmmer méi Sécherheetsnormen oder eng Rei Norme mussen agehale ginn, bei deenen ee sech awer och heiansdo freet, wou nach de gesonde Mënscheverstand ass. Dat ass, muss ech soen, iwwregens och net nëmme bei Sportsinfrastrukturen, mä och bei aneren öffentlechen Infrastrukturen.

Mir hunn zum Beispill an de Gemengen, datt Gebaier, Jugendhaiser, wat weess ech, viru fënnef Joer gebaut gi sinn, no de leschte Standarden, mat deem leschte Schnickschnack, och ofgehall gi sinn, an da kënn zwee Joer duerno d'ITM a seet: „Hei ass alles net richtig. Hei muss Der elo nach eng Kéier vu vir ufänke bei den Dieren, bei iergendenger Trap.“ An hei an do. Dat kascht en Heedegeld. Et kascht en Heedegeld. An do muss een awer och eng Kéier kucken, datt huet eppes mat Simplification administrative ze dinn, wat een domadder (veuillez lire: mat der Approche) mécht.

Mir mussen hei zu Lëtzebuerg natierlech all Sécherheetsnormen anhalen. Mä ech hunn d'Impressioun, datt mir hei zu Lëtzebuerg bal eng Insel sinn, datt déi Normen, déi mir hei vun der ITM opgedroe kréien, zum Deel, datt et déi nëmmen hei zu Lëtzebuerg gëtt an nach vläicht um Mars, mä néierens anzwousch aneschtens um Planéit.

An dat ass och ganz vill e Käschtefacteur, datt een also bei all deenen Normen do d'Ham an der Mëllech kacht. Ech froe mech, wéi et eigentlech fréier méiglech war, datt d'Mënscheheet an och d'Sportler iwwerlieft hunn a Sportshalen, déi wahrscheinlech dann ni no iergendenger richteger Norm fonctionnéiert hunn.

Datselwecht, muss ech soen, ass och de Fall e bësse fir déi international Normen, déi mer vu Sportsverbänn oder vun der EU opgedroe kréien, déi, ech muss soen, dat war jo och net onbedéngt flott, wann een do gesinn huet, wéi zum Beispill den Här Platini eis do bal virgefouert an eis de béise Fanger gemaach huet a gesot huet, wat mer alles do misste maachen. Dat hätt ee kënnen e bësse méi op eng aner Aart a Weis maachen. Mä datt eigentlech anerer eis diktéieren, wat mir mat den öffentleche Sue musse maachen, d'accord, datt ee muss do enger Rei Normen entsprechen, mä awer dat kéint een och op eng aner Aart a Weis maachen.

Bon, ech kommen dann zum Schluss och natierlech net derlaanscht, fir iwwert de Fussballstadion kuerz ze schwätzen. Bon, verzeit mer, wann ech och als Réiserbänner nach eng Kéier ganz kuerz ee Saz soen zu deem Projet, deen näischt ginn ass. Ech soen, glécklecherweis ass...

**(Interruption)**

...deen näischt ginn.

Wierklech, dee Projet (veuillez lire: dee Projet Léiweng), dat war en absurde Projet, aus landesplanerescher Siicht hier virun allem. Ech mengen, dat wier e risegen Transportproblem ginn, a vun der Liewensqualität an der Gemeng hier war dat wierklech kee gudder Projet. En hätt och dem Sport an dem Usinn vun dem Sport näischt gedéngt.

Ech si wierklech frou, dass dee Projet ad acta geluecht ginn ass, deen och eventuell hätt kënnen am Nachhinein vläicht finanziell Schwierigkeeten bréngen, wann ee gesäit, dass déiselwecht Promoteuren op anere Plaze finanziell Schwierigkeeten zum Deel hunn, och wa se an de Sportberäich wéi an eng Vëloséquipe zum Beispill investéiert hunn.

(Interruption)

Déi Solutioun, déi elo fonnt ginn ass, déi fënnt eis voll Ennerstëtzung. Dat ass d'Renovatioun, eng déif gehend Renovatioun vun dem Stadion Josy-Barthel an der Stad. Dat ass eng gudder Solutioun, well een do natierlech de Fussball kann organiséieren och no den internationalen Normen, déi gefrot sinn, natierlech och de Rugby, wou ech frou sinn, dass och de President vun der Rugbysfederatioun deem ganz zoustëmmt.

Dann natierlech ass och am Raum, dass een do nach aner Evenementer kéint organiséieren, dass do also och méi eng villfälteg oder eng multimodal Utilisatioun vun deem Fussballstadion da ka vustatgoen. Ech mengen, et ass virun allem awer wichteg, dass mer elo do - et si jo schonn eng Rei Réuniounen gewiescht - wierklech virumaachen an deem Dossier, dass deen endlech zu Enn ka gefouert ginn, dass do, wann nach Décisiounen opstinn, déi wierklech sollen an deenen nächste Woche geholl ginn, dass een do dann och mat den Aarbechte kann ufänken an dass dee Projet da schnell ka realiséiert ginn.

Voilà, dat gesot, déi puer Remarquen, wëll ech dann d'Zoustëmmung awer och vun der DP-Fraktioun zu deem Projet ginn. Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Berger. Als nächst Riednerin huet d'Madame Josée Lorsché d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Lauter Sportler.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am Laf vun de leschte Joren hate mir eigentlech nëmmen eemol d'Chance, an der Chamber iwwer Sport ze schwätzen. Dat war bei der Kreatioun vum Sportslycée, wou et eigentlech drëms gaangen ass, jonke Sportler gutt Bedéngungen ze schafen, fir Sport a Schoul optimal mateneen ze verbannen.

De Leeschtungsport ass e ganz wichtege Volet am ganze Beräich vum Sport. En huet vill positiv Dimensiounen a mir stellen en net a Fro. Mä ech mengen, haut geet et ëm vill méi. Et geet ëm eng global Sportpolitik fir eist ganz Land, déi net eleng aus der Fërderung vu jonke Sporttalenter besteet, mä déi ganz aner Missiounen ze erfëllen huet.

Här Minister, als Gréng si mir frou, dass déi nei Regierung dat och esou gesäit an dass se der Sportpolitik an Zukunft méi Bedeutung wëllt ginn. En éischte Schrëtt ass jo scho gemaach. De Sport ass an engem eegene Ministère doheem an net méi a senger klenger Nisch vum Département ministériel. Dee Changement begrësse mir, net nëmme wéinst sengem symbolesche Charakter. En eegene Ministère huet och méi Autonomie a méi Visibilitéit.

E weider positivt Signal ass natierlech dat, dass dëst Gesetz zu deenen éischte Gesetzger hëiert, wat mer no de Wahlen hei virleien hunn - mir kënnen haut driwwer ofstëmmen -, wat de Wee fräi mécht, fir ze investéieren a fir konkret ze schafen. Op d'Geschicht vun de Fënnfjoresplang vum Sport ass d'Madame Hemmen agaangen, ech wëll elo net drop zrëckkommen. Hir awer e grouse Merci fir hiren detailléierte Rapport.

Fir d'Éischt e puer allgemeng Iwwerleeungen iwwert d'Sportpolitik an eise Land.

Un éischer Stell wënschen ech dem Här Schneider natierlech weiderhi vill Ausdauer an deem Job, well et brauch ee se. Dir braucht se doudsicher, fir déi Ziler ze erreechen, déi am Koalitiounsprogramm festgehal ginn. A mir sinn och iwwerzeugt, dass Är Regierungsequipieren lech net am Ree stoe loosse, wann et heescht, zesummenzeschaffen an d'Kompetenzen ze bündelen. Et ass nämlech do, wou de Schong an der leschter Zäit oft gedréckt huet.

De Plan d'action „Gesond iessen, méi bewegen“ war eng ganz gudder Initiativ. Et war awer just déi eenzeg Initiativ, mat där versicht ginn ass, méi Ressourcen zesummenzebréngen an zesummenzeschaffen. Mir si frou, dass an Zukunft esou Synergien d'Regel wäerte ginn.

Esou soll zum Beispill d'Zesummenaarbecht tëschent dem Sportsministère an dem Éducationsministère verbessert ginn. Dat ass och haaptsächlech dowéinst wichteg, well am Éducationsministère neierdénge och de Volet „enfance et jeunesse“ ënnerbruecht ginn ass an domat wichteg Zilgruppe regroupéiert sinn. Ech wäert nach drop zrëckkommen a wëll awer fir d'Éischt nach eppes iwwert de Familljeministère soen.

An deem Ministère geet et ëm méi. Et geet, éischters, ëm déi eeler Generatioun, fir déi de Sport natierlech eng vital Aufgab huet, och eng sozial a gesondheetserhalend Funktioun. Souwuel am Regierungsprogramm wéi och an deem Projet de loi gëtt den drëtten Alter zimlech oft erwähnt. An et ass un der Regierung natierlech elo, fir déi Aussoen a Musek ëmzesetze respektiv a Sport, a konkrete Sport, wou d'Regierung eis voll Ennerstëtzung wäert kréien.

En zweete Volet, deen am Familljeministère ënnerbruecht ass, ass dee vun der Integratioun vun eisen net lëtzebuergesche Matbiergerinnen a Matbierger. Zu Lëtzebuerg ginn et sécherlech eng ganz Rei Politiker, Organisatiounen a Bénévoler, déi eng ganz gudder Aarbecht leeschten um Terrain. Mir denken, dass grad am Sport sech eng weider Chance bitt, fir d'Integratioun op eng spilleresch an informell Manéier weiderzedreiwen. Dofir si mir der Meenung, dass all Effort an deem Beräich sech wäert lounen.

En drëtten Volet, deen dem Familljeministère ënnersteet, ass dee vun der Inklusioun vu behënnerter Menschen. Den Artikel 30 vun der UN-Konventioun vun de Rechter vun de behënnerter Menschen, déi Lëtzebuerg am Joer 2011 ratifizéiert huet, schreift ausdrécklech vir, dass déi behënnerter Leit eng gläichberechtigt Participatioun um Sport sollen erlaabt kréien. Eng gudder Accessibilitéit ass net alles. Déi gëtt an eise Land op ville Plaze garantéiert, a mir schaffen drop hin, dass all nei Infrastrukturen accessibel wäerte sinn.

Dem Geescht vun der UN-Konventioun no missten déi betraffe Menschen awer zum Beispill de Choix hunn, ob se an engem homogene Sportsgrupp, e Behënnerter Sportsgrupp wëllen hire Sport bedreiwen oder léier an engem traditionelle Veräin. Dee Choix hu se meeschtens net, well en einfach nach un de Strukture scheitert. Et ass net de Wëlle vun de Veräiner, dee se zrëckhält, mä et läit dorun, dass kee Fachpersonal zur Verfügung steet, dass deen néidegen Encadrement ka garantéieren.

Mir mengen, dass um Niveau vun der ENEPS do eng Rei Formatiounen kéinten ugebuede ginn oder ausgebaut ginn, fir den Encadrement vu Leit mat spezifische Besoinen eben ze garantéieren. Och déi Thematik kann an deenen nächste Joren an Ugrëff geholl ginn, op Basis erëm vum Regierungsprogramm, wou ech wëll drop hiweisen, dass deen op verschiddene Plazen op d'Ëmsetzung vun der Behënnerterrechtskonventioun hiweist.

Dann e Wuert zum Ministère vum Développement durable, deen an Zukunft, hoffen ech, méi eng grouss Roll ze spille kritt wéi an der Vergaangenheet. Nei Sportsinfrastrukturen hunn nämlech och mat Landesplanung ze dinn. Dat hu mer an der Lescht gesinn, Stéchwuert Fussballstadion, deen och den Här Berger jo scho genannt huet. „Fussballstadion mat Akafszenter an engem Iwwerschwemmungsgebit op der grénge Wiss“, ass déi Zäit gesot ginn.

Am Kader vun der Diskussioun iwwert de leschte Plan quinquennal huet den deemolege Sportsminister de Projet Léiweng hei an der Chamber mat grousser Begeescherung als rise Fortschrëtt duergestallt. Iwwert d'Ëmweltproblematik an den noutwendegen Bau vun enen an extrem deiere Stroossen, Zoufahrstroossen op de Site, huet en eigentlech kee Wuert gesot. Am neie Plan quinquennal, ëm deen et haut geet, huet dee Projet der Vernunft Plaz gemaach, an dat begrësse mir. Esou Fehlplanungen sollen an Zukunft verhënnert ginn.

Sech als Stat blannemännerchers an d'Hänn vun engem Privatpartner ze ginn, just well en am Besëtz vun engem zesummenhängenden Terrain ass, wéi am Joer 2008 hei gesot ginn ass, war definitiv de falsche Wee! Dat huet sech an deene leschte Joren erausgestallt. Den Alternativ-Projet mat der Renovéierung vum Stade Josy-Barthel op der Areler Strooss ass souwuel finan-

ziell wéi och landesplaneresch vertrieubar. A mir stinn als Gréng och voll hannert deem Projet.

Dernieft wëll ech awer och de Klimaschutz erwähnen. Och dee soll an der Sportpolitik zum Droe kommen. Beim leschte Plan quinquennal ass mer ee Wuert opgefall: d'Motocrosspist zu Goesdorf. Ech hu vollt Verständnis fir all Unhänger vu Motocross, muss mer awer d'Fro erlaben (veuillez lire: d'Fro muss awer erlaabt sinn), ob de Bau vun enger Motocrosspist an der schéiner Gégend beim Stauséi hätt misse Prioritéit hunn an engem Land, wat senger Klimaschutzziler meilewäit hannendruleef. Mir mengen dat net. Eis hätt eng Vëlospist eigentlech besser gefall.

Zwee aner an och wichteg Ressourcen, déi am Kontext vun der ministerieller Zesummenaarbecht nach kéinten erwähnt ginn, sinn natierlech déi vun der Santé an déi vun der Sécurité sociale. De preventiven Afloss vum Sport op den Organismus vum Mësch ass onëmstridden a längst eng wëssenschaftlech Evidenz. Meng Virriedner a Virriednerin sinn drop agaangen.

Wat d'Mënsche sech manner bewegen, wat se méi ufälleg gi fir Krankheeten. D'Resultat si Krankmeldungen iwwer laang Zäiten op der Aarbechtsplaz. Leider hëlt den Absenteismus opgrond vu Krankheet permanent zou a kascht de Sozialsystem ëmmer méi Geld. Dat geet aus enger Etüd ervir, déi vum CEPS/Instead gemaach ginn ass an déi och weiderhin aktualiséiert gëtt. Wahrscheinlech méi Geld, wéi dee beschte Sportsprogramm ka kaschten a wéi déi bescht Infrastrukture jee kéinte kaschten!

Dofir eis Suerg, dass Spuermoossnamen am Sport net onbedéngt gewënnbréngend wieren, mä de Statsfinanzen, ënnert dem Stréch, méi kéinte schuede wéi nutzen. Spueren dierf een an eisen Aen héchstens um Luxus!

Spueren dierfe mir virun allem net bei de Kanner, wou d'Noutwendegkeet vun der Bewegung am gréissten ass. E Kand brauch Bewegung esou néideg wéi d'Loft, fir ze ootmen an d'Waasser fir ze drénken. D'Madame Arendt huet et op méi eng edel Manéier ausgedréckt mat hirem Zitat, mä et heescht eigentlech dat selwecht. Regelméisseg a vielseitig Bewegung kënnt jo net nëmmen de Kanner hirer kierperlecher Entwécklung zegutt, vill Bewegung a vill verschidde Bewegungsforme fërderen och déi emotional Intelligenz, d'Konzentratioun an d'Léierfäegkeet vun de Kanner, virun allem am Beräich vun der raimlecher Wahrnehmung a vum mathemateschen Denken, a sinn eigentlech déi bescht Preparatioun op en erfollegräiche Schoulparcours.

Aus deem Grond si mir frou, dass d'Sportsaktivitéiten an de Crëchen, de Maisons relais, an de Grondschoulen am Exposé des motifs explizit erwähnt ginn. Et ass och wichteg, déi Aktivitéiten auszubauen, well d'Kanner ëmmer méi Zäit an deene Strukture verbréngen.

Natierlech stellt sech och d'Fro vum Encadrement vun de Kanner. Déi Fro ass an der Kommissioun opgeworf ginn. Et ass gefrot ginn, ob net och Sportsproff sollten an deene Strukture schaffen. Dat ass eng Fro, déi mir eis net direkt stellen, well mir der Meenung sinn, dass fir d'Éischt soll gekläert ginn, wéi eng Kompetenzen déi Leit mussen hunn, wa se d'Kanner sportlech encadréieren.

E sportleche Parcours hannert sech ze hunn, en Héichleeschtungsportler gewiescht ze sinn oder d'Regele vun all Sportsaart ze kennen, geet sécherlech net duer. Pädagogesch a psychomotoresch Fachkenntnisser sinn eiser Meenung no méi wichteg, vill méi wichteg, well et bei klenger Kanner virun allem ëm eng ganzheetlech informell a kandgerecht Erziéung geet an net ëm grouss Leeschtungen.

An eisen Aen wier et dofir um der Zäit, Här Minister, de Berufsprofil vum Personal an deene Strukturen nach eemol ganz genoe ënnert d'Lupp ze huelen, ëmsou méi, well den Ausbau vum Sport am Kader vum Plan d'encadrement périscolaire zu den Haaptprioritéiten vun de Gemenge gehéiert. Am Kontext vun deem Ausbau begrësse mir natierlech, dass interkommunal Sportservicer sollen entstoen, déi och am Regierungsprogramm erwähnt sinn, an dass d'Gemenge weiderhin op staatlech Bähilfë kënnen ziele beim Ausbau, beim Neibau a bei der Renovatioun vu multifunktionelle Sportsinfrastrukturen.

Natierlech fällt d'Geld net vum Himmel a scho guer net an deenen Zäiten. Dowéinst muss et méi wéi jee drëms goen, d'Geld esou effikass wéi méiglech anzesetzen a mat manner Geld méi ze maachen, wéi Dir et och an der Kommissioun ausgedréckt hutt.

Fir dese Fënnfjoresplang stellt d'Regierung 100 Milliounen zur Verfügung, 100 Milliounen Euro, net aler Frang, déi zu engem Deel dem Kompetitiounssport sollen zeguttkommen, zum aneren Deel dem Schoul-, dem Fräizäit- an dem Breeddesport. Dee Budget vun 100 Milliounen heescht awer nach laang net, dass an den nächste Joren nëmmen 100 Milliounen an de Lëtzeburger Sport investéiert ginn. Et sinn der bedeitend méi!

En zousätzleche Batz vun Dépensen, an dat ass en zolitte Batz, fällt un d'Gemengen an un d'Gemengesyndikater, déi an deser Diskussioun oft vergiess ginn. D'Sportsinfrastrukture fir d'Grondschoulen, d'Veräiner an den net formaliséierte Breeddesport stinn ënnert der Responsabilitéit vun de Gemengen a mussen och vun hinne géréiert an ënnerhale ginn. Well d'Fonctionnementskäschte vun deenen Infrastrukturen net vum Stat subventionéiert ginn an eng héich Dépense op Jorzéngte sinn, kommen d'Gemenge virun allem a wirtschaftlech schwierigen Zäite schnell a Bedrängnis.

Beispillsweis leien d'Fonctionnementskäschte vun enger mëttelgrousser Schwämm bei 1,5 Milliounen Euro d'Joer, wat, op 20 Joer héichgerechent, 30 Milliounen ginn, an dat emol ouni der Evolutioun vum Index Rechnung ze droen. Dat sinn natierlech Chifferen, déi d'Gemengen an hirer Finanzplanung net einfach esou ewechstiechen.

Fir finanziell Enkpäss ze vermeiden a fir och strukturell déi néideg Décisiounen kënnen ze treffen, brauch all Gemeng eng gewësse Planungssécherheet. Och wann den Ausdrock „Fënnfjoresplang“ op éischer en totalitéit Virgoe vum Stat kéint schlësse loosse, esou ass des Fro awer hei net ze fäerten. Déi Suerg ass net begrënnert. De Fënnfjoresplang ass éischer en Instrument, wat déi néideg Planungssécherheet ebe just garantéiert.

Et ass en Instrument, wat sech jo säit 1968 bewährt huet. Zu Lëtzebuerg bewährt sech net alles esou laang! Et entsteet an enker Partnerschaft mat de Federatiounen, mam Comité olympique an zum Deel eben och mat de Gemengen. Et féiert dozou, dass kee Wildwuchs quéesch duerch d'Land entsteet, mä en Netz vun Infrastrukturen, déi engersäits de Besoine vun den eenzelne Sportsaarte Rechnung droen an anersäits awer och dem massive Bevëlkerungswuesstum an de steigende Schülerzuelen, déi mer jo kennen.

Et ass dofir kee Wonner, dass dëst Gesetz net nëmme vun der Sportswelt mat vill Spannung erwaart gëtt, och de Gemengesektor ass... de Fënnfjoresplang, deen ass him ganz wichteg, well e wëllt wëssen, wou e mam Stat drun ass a wéi héich d'Bähilfë wäerte sinn.

Da kënnt en zousätzlecht Planungsinstrument derbäi mat deem Gesetz, dass ass d'Banque de données vun den Infrastrukturen, déi jo nei geschafe wäert gi mat deem Gesetz, ebe fir d'Éischt emol finanzéiert, éier dann de geneeën Inhalt wäert definéiert ginn. Et ass en informatesch Outil, deen d'Gestioun vun Infrastrukture vereinfache soll an d'Dépensé soll méi prévisibel maachen.

An deem Sënn suergt déi nei Datebank net nëmme fir méi Kloeerheet an Transparenz, se ass och eigentlech e wichteg Zousazinstrument zu der Finanzplanung, déi an de Gemenge stattfënn. Dee Moment kënnen d'Budgete méi realitéitsno opgestallt ginn, wat een och als Gemengepolitiker begrësse kann.

D'Banque de données wäert och der Éffentlechkeet zougänglech sinn, wat gutt ass, an deem Beräich, wou d'Leit sech kënnen informéieren, wat, wou a wéini stattfënn vu sportlechen Aktivitéiten a wou se sech kënnen betäugen. Et ass och e gutt Instrument am Hëllef op eng rationell Approche vun de Renovatiounen. Se soll prezis Informatiounen liwweren iwwert de Grad vum Amortissement a vum Alter vun all Installatioun am Land.

Vill Infrastrukture sinn natierlech während dem Bau-Boom vun de 70er Joren entstanen, si mëttlerweil veraltet an energieméisseg eigentlech eng Katastroph. Dowéinst ass et logesch, dass d'Renovatiounsprojete vu Joer zu Joer zouhuelen. Fir dass déi seriö geplangt kënnen ginn, muss natierlech am Virfeld eng Bestandsopnahm vum Alter a vum Zoustand virleien.

Wat mir bedauern, ass, dass déi Bestandsopnahm net scho laang gemaach ginn ass, well ee jo weess, dass a ville Gemenge schonn den Zou-



stand vun de Gebailechkeete relativ degradéiert ass a wou akut Renovatiounen ustinn. Dat ass dann och de Grond, firwat de Statsrot sech e bësselche méi kritesch zu Wuert gemellt huet. En huet bemängelt, datt feelend Donnéeën eigentlech keng Analys erlaabt hunn. En huet mat Recht drop higewisen, datt de Fënnfjoresplang keng Flucht no vir soll sinn, mä datt och d'Konklusiounen aus der Vergaangenheet musse gezu ginn. An ech hoffen, datt et dat ass, wat mer dann a fënnf Joer kënne maachen, wann d'Banque de données da bis en place ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Konklusioun, déi mir als Gréng wëllen zéien, bezitt sech elo net direkt op dem Statsrot säin Avis an och net op den Detail vun all Projet, déi virgestallt ginn. Eis Konklusioun ass vläicht e bësselche méi gréng ugehaucht. Mir sinn eis scho bewusst, datt eis Gesellschaft méi Bewegung brauch, an datt d'Bewegung e Raum brauch, an deem se stattfanne kann. Dofir ënnerstëtze mir de Fënnfjoresplang voll a ganz.

Nieft de genormten Infrastrukture ginn et awer nach aner Plazen, déi genotzt kënne ginn, fir sech ze bewegen. Dat sinn d'Fräizäitanlagen, wéi eis Parken, d'Schoulhaff, d'Vëlosweeër, d'Spadséierweeër, d'Spillplaze fir d'Kanner, d'Skateboardpiste fir déi Jugendlech a wat net nach alles. Dat ass awer och d'Natur mat hire Feldweeër, hire Bëscher a Wisen a Séien. Och am Stauséi kann ee schwammen, wann een net an enger Schwämm ass.

Wat mir déi Liewensraim besser schützen, wat mir méi Raum fir d'Bewegung halen. An deem Sënn hoffen ech op eng gutt Natur, fir sech dran ze bewegen.

An deem Sënn soen ech lech och villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. An als leschten agedroene Riedner, den Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een nëmme siwe Minutten huet, wéi mir elo, da muss ee sech an der Begeeschterung fir de Projet heiansdo kënne méi kuerzfaassen. Dofir vu menger Säit emol e Merci un d'Madame Rapportrice fir e ganz komplette Rapport. An ech muss soen, datt ech mech bei bal allem, wat meng dräi Virriedner bis elo gesot hunn, wat dat Wichteg an dat Nätzlecht vum Sport ugeet an dat Gesond, nëmme kann uschlëssen.

Ech wëll also dat elo net nach eng Kéier widerhuelen, mä ech wëll déi Zäit, déi mer elo hunn, profitéieren, fir meng Oppositiousaarbecht ze maachen a vläicht dem Här Minister, der Regierung e puer méi kritesch Froen ze stellen iwwert dese Projet, wat e puer Volete vum Finanzement ugeet.

Dir hutt jo gesot, Här Minister - oder de Rapporteur; ech mengen, Dir selwer kritt nach d'Wuert -, mä d'Madame Rapportrice huet jo

och gesot, dat sinn 100 Milliounen elo, déi mer do investéieren, an et wär e Spuereffort gewiescht, well et wär am Ufank op 120 Milliounen ugesat gewiescht.

Dofir ass meng Fro un lech: Wat sinn dann déi 20 Milliounen, déi Der agespuert hutt? Wéi eng Projeten hutt Der dann elo net zrëckbehalen? A wat fanne mer vun deene Projeten, déi Der net zrëckbehalen hutt, dann iwwer Spezialgesetzter eventuell erëm an deenen nächste Joren? An ënnert deem Stréch, wa mer déi fënnf Joer hanner eis hunn, ass da wierklech gespuert ginn?

Et ass eng wichteg Fro an, ech mengen, och eng berechtigt Fro. Et ass net, datt een d'Wichtegkeet vum Sport domadder a Fro stellt, mä wann an anere Ministère zum Deel drastesch gespuert gëtt, datt mer gesinn, datt Sozialofbau kënnt, datt d'Steieren erhéicht ginn, datt d'Famillenzoulage gekierzt ginn, dann ass et och legitim, fir ze froen, wéi eng Kontributioun an Ärem Ressort zu deem gemeinsame Spuereffort bruecht gëtt.

Eng zweet Fro, déi ech wëilt da stellen och, dat ass: Wéi eng Kritären huet Der fir Är Subsidien? Sidd Der bereet, déi Politik ze iwwerpräiwen? E Virriedner hat geschwat vun de Gemengen, mä och: Wat fir eng Kritären huet Dir, fir ze decidéieren, ob e Projet kann ënnerstëtzt ginn?

Dat heescht, riicht Der lech no de Besoinen oder no den Devisen, no de Käschtepunkten? Et ass besser, sech no de wierkleche Besoinen ze riichten, fir eben all Exzesser an de Luxus vu vireran ze verhënnern.

Mir haten net vill gutt Erfahrungen an deene leschte Jore mat enger Bedeelegung vum private Secteur u Sportsinfrastrukturen, dat ass richtig. Trotzdeem gëtt et Iwwerleeungen an Ärem Ministère, fir vläicht an eenzelne Projeten mat dem private Secteur zesummenzeschaffen. An denkt Der a verschiddene Sujeten oder verschiddenen Infrastrukturen och direkt mat un eng touristesch Notzung, eventuell iwwert d'Land eraus, vun eenzelnen Infrastrukturen?

Da muss ech soen, déi Diskussioun ëm d'Parkplazen, déi ass relativ schwéier nozevollzéien. Wann een hei an der Stad oder op anere Plaze grouss sportlech Infrastrukture mécht, wou och grouss Evenementer a grousser Zuel solle stattfannen, fir se iergendwéi ze amortiséieren oder vläicht souguer ze rentabiliséieren, dann ass et schwéier, vu vireran den Aspekt vun de Parkplaze wëllen auszeklammern an nëmmen op den Transport public ze verweisen.

Ech mengen, datt dat eng Méiglechkeet oder besser e Wee ass, deen d'Regierung eis do opzeechent, dee bei groussen Evenementer chaotesch Verkéierszoustänn ka provozéieren, an dofir wär et vläicht gutt, och hei e klärend Wuert iwwert d'Noutwendegkeet oder de Verzicht vun der Säit vun der Regierung op Parkplazen ze héieren. Op jidde Fall, ech mengen,

et muss een, wann een esou Projekte plangt, verantwortungsvoll vu vireran do virgoen.

Wat mech awer elo nach méi beschäftigt, Här Minister, dat ass déi Iddi vun der Base de données. Déi Base de données, déi hei an deem Gesetz steet, an déi net misst an deem Gesetz stoen, do huet de Statsrot vollkomme recht, well wann dat elo net géif drastoen, da wär vläicht keng Finanzéierungsbasis an deem Gesetz, mä et kéint een ëmmer iwwer e Budgetgesetz oder en anert Gesetz eng legal Basis dofir schafen.

Meng direkt Virriednerin huet gesot, elo géife mer emol de Finanzement regelen, dann iwwert den Inhalt schwätzen. Mä den Inhalt ass ebe just dat, wat mech net iwwerzeegt. Ech hunn Äert Gesetz do zimlech genee gekuckt, an da kucken ech, wat dann elo déi Base de données do soll leeschten. Do soll zum Beispill eng Kartografie vum Sport gemaach ginn, esou wéi wa mer nach keng hätten.

An Ärem eegene Gesetz hu mer hei eng Kaart vun de Centres nationaux et infrastructures étatiques, piscines couvertes, halls des sports, multisports, halls des sports de la ville de Luxembourg, terrains de football - gazon naturel, terrains de football - synthétique, halls de tennis couverts, stades d'athlétisme, an ech sinn iwwerzeegt, an Ärem Ministère sinn där Kaarten nach méi, an da froen ech mech: Firwat brauche mer e Gesetz, fir Kaarten iwwer sportlech Infrastrukturen ze zeechnen, wa mer esou wäit alles hunn, wat mer brauchen? Weinstens schéngt dat de Fall ze sinn.

An da liesen ech an Ärem Gesetz, datt d'Leit sech kéinten duerch esou eng Base de données e besseren Iwwerbléck verschafen, wou se hire Sport kënne maachen.

Elo kucken ech, wat Äre Ministère publizéiert: Sport.lu, dann de Calendrier du sport-loisir. Ech schloen iergendeng Säit emol op hei, da liesen ech, datt een hei ka fir Mamm, Papp a Kand bis véier Joer am Hall omnisport zu Gosseldange vun 9.45 bis 11.00 Auer Sport maachen. Dat ass eng gutt Informatioun. A mengen Ae geet dat schonn duer. An dat iwwer ech weess net wéi vill Säiten, 384, neen, 448 Säiten, an där Gréisstenuerdnung detailléiert Informatiounen iwwert d'Sportsméiglechkeeten hei am Land. A wann et dat gëtt an et gëtt déi Kaart, da froen ech mech, firwat mer mussen hei eng Base de données opstelle fir Saachen, déi et alt weinstens an deene wichtegsten Aspekter scho laang gëtt.

An da froen ech lech, Här Minister - well dat war mer net esou ganz ersiichtlech: Wat kascht dann déi Base de données? Wat soll dat do kaschten, fir eppes, vun deem d'Utilitéit awer op jidde Fall emol a priori, soe mer emol, net direkt iwwerzeegend ass.

Da sot Der, et géif eng Simplification administrative domadder agefouert ginn duerch déi Base de données. Ech hunn dat gelies, och mam A vun engem fréiere Beamten, ob dat do

da mech elo géif iwwerzeegen als Simplification administrative, an ech muss soen, et huet mech net iwwerzeegt.

Wann ech do liesen: «pendant la phase de construction des projets (...) un processus automatisé...» - ob dat elo gutt ass! - «...qui permettra d'enregistrer étape par étape l'évolution du projet et d'en assurer un suivi permanent jusqu'à la libération des fonds...», fir mech ass dat do, also als fréiere Finanzdirekter, e vollkomme redundante Prozess mat deem, wat souwisou gemaach gëtt bei all Bauprojet, ouni datt et mir géif aliichten, wou do d'Plus-value vun esou engem Projet oder vun esou enger Prozedur wier, déi hei zousätzlech soll agefouert ginn an där hir Zouverlässigkeet a priori och net evident schéngt.

An, kuerz gesot, Här Minister, mir wäeren lech ganz dankbar, bei aller Begeeschterung fir de Sport: Mä firwat déi Base de données do, wou do d'Plus-value soll leien, wat déi do soll kaschten a wat se am Vergläich zu deem, wat schonn existéiert an eigentlech ganz gutt fonctionnéiert an zur Zefriddenheet vu ville Leit fonctionnéiert, wat dat do soll méi bréngen?

Dat gesot, Här Minister, d'ADR ass wéi déi aner Parteien, ech hat et hei um Ufank betount, iwwerzeegt vun der Wichtegkeet vum Sport. Si begreist och déi Approche vun de Plans quinquennaux, fir eng Planifikatioun iwwer e puer Joer ze erméiglechen.

Mä d'Fro, déi am Abléck an der politescher Aktualitéit am Raum steet, ass awer déi, wéi sech de Sportsministère och an déi allgemeng Spuerefforte vun deem Land areit an ob net déi Dispositiounen hei am Gesetz, notamment iwwert déi Base de données, einfach superfétatoire sinn an eis an eng Richtung bréngen iwwerflëssegen neien administrative Laaschten.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Domat wäere um Enn vun eiser Ronn, an de Sportsminister, den Här Romain Schneider, huet d'Wuert.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Merci, Här President, fir d'Gedold; et ass e laange Wee bis heihinner. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot als Sportsminister deet dat gutt, datt een heiansdo nach kann opstoen. Et ass schonn hei ugeschwat ginn.

Bon, fir d'Eischt emol vu menger Säit aus e grouse Merci un d'Rapportrice fir dee flotte schrëftlechen, mä virun allem fir dee ganz engagéierten an detailléierte mëndleche Rapport, dee se de Mëtteg eis hei ofgeliwwert hutt. E Merci geet awer och engersäits un all d'Memberen aus der Commissioun, déi an dräi Sitzungen, mengen ech, dese Projet begleet hunn, soudatt en am Endeffekt ee gëtt, deen eppes Ganzes kann duerstellen.

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

www.chd.lu



Merci virun allem awer och, an dat ass eppes, dat mech wierklech méi wéi positiv, net iwwerrascht huet, mä eigentlech iwwerzeegt huet, dat mer eng Kommissioun hunn, déi fir de Sport denkt an déi virun allem net nëmmen d'Infrastrukture gesäit, mä virun allem d'ganz Sportspolitik hei mat integréiert. An all déi Interventiounen de Mëtteg si wäit erausgaang iwwert den Débat iwwert den zéngte Fënnfjoresplang, mä hunn eigentlech an de Vierdergrond gestallt d'Wichtigkeet vum Sport fir eis Gesellschaft. Ech kommen herno méi drop zrëck, wat déi eenzel Impakter betrëfft.

Ech mengen, et war de Mëtteg och d'Chance an d'Geleeënheet, dës Plattform ze notzen, fir och eng Kéier de Regierungsprogramm am Volet Sport ze belichten. Dat gouf gemaach vun den eenzelne Riednerinnen a Riedner. Dat ass och gutt an dat ass och flott esou.

An ech muss soen, datt ech zu 99% op där Linn leien, wéi si se och hei eriwerginn hunn. All déi Punkten, déi se ugeschwat hunn, si wichteg Punkten, déi mer an eise Regierungprogramm stoen hunn. Et si Punkten, déi mer an deenen nächste Jore wëllen ëmsetzen. Et si virun allem eng ganz Rei vu Punkten, déi awer och an der Kontinuitéit sti vun deem, wat an de leschte fënnf Joer gemaach gouf.

An ech ginn eigentlech och dem Här Berger recht, wéi e gesot huet, datt mer ganz vill schwätzen iwwert d'Motricitéit, déi feelt, iwwer eigentlech de Manktum u Bewegung vu Leit, de Manktum vu Sport maachen. Ech muss soen, datt ech jo all Dag d'Chance hunn, zwou Stonnen Trajet ze hunn, leider, zwou Stonnen Trajet ze hunn, a wou ech ganz vill Leit gesinn, déi sech bewegen, sief dat am Goen, sief dat am Lafen, sief dat am Vëlofueren.

An och, wa mer déi eenzel Infrastrukture kucken, déi elo scho bestinn, gesi mer ganz vill Leit maachen, déi schwammen, déi turnen, déi an de Fitness sinn, déi an de Veräiner aktiv sinn, souwuel bei der Jugend wéi bei deenen a mengem Alter wéi och doriwwer eraus. An deem sougenannten „drëtten“ oder dem „véierten“ Alter gëtt ganz vill an der Bewegung gemaach. An ech muss soen, datt mer eigentlech eise Sport hei op eng richtig Schinn gesat hunn, fir zesummen ze probéieren, och ze motivéieren an effektiv sech méi ze bewegen.

Dee Motto, dee mer eis gesat haten, dat vum „gesond iessen, méi bewegen“, wat jo een nationale Plang an där leschter Regierung gi war, nodeem et gestart gi war aus der Iddi vu véier Ministèren, ass dat och, wat mer mussen upaken. Mir wëssen, datt mer och hei nach ganz vill ze maachen hunn. Vun deene sechs Achsen ass de Moment eng Achs ëmgesat, an dat ass déi vun der Bewegung, déi ëmgesat ass. All déi aner Achsen, déi hannendru sinn, déi wäerten an déi mussen - déi mussen kommen!

Dat am Virus zu deem, wat mer haut eigentlech hei diskutéieren a wat mer ofstëmmen, an dat ass den zéngte Fënnfjoresplang, wat d'Sportsinfrastrukture vum Sport, d'Ënnerstëtzung also vun der Regierung vun deenen eenzelne Projekte betrëfft. Infrastrukturen, déi sech areien an dat, wat d'Sportspolitik hei zu Lëtzebuerg als hir dräi Haaptpilieren och gewisen huet: deen éischte Piler, dee vum Sport à l'école, deen zweete vum Sport-loisir an deen drëtten vum Sport de compétition.

Alles dat, mengen ech, wäert eis hëllefen, mat dësen Infrastrukturen, grad an dësen dräi Pilieren, virunzecommen. An eigentlech huet déi Kaart, déi den Här Kartheiser och zu Recht opgezeechent huet, wou ech herno wäert drop agoen, gewisen, datt mer sécher an deene leschte Jorzéngten iwwert déi néng Fënnfjorespläng, déi virdru waren, eng ganz Rei vu Vidé konnten opfëllen, mä datt nach ëmmer wäiss Flecken an eiser Landschaft sinn, déi mer elo kënnen, virun allem och duerch dës Investissementer, déi gemaach ginn, belichten.

Dës Investissementer, zu Recht gesot, an dat soen ech bei all Ouverture, déi mer hu vun iergendenger Infrastruktur, Sportsinfrastruktur am Land: Mir hu jo an deene leschte Méint ganz vill gemaach, dann ass et richtig, wa mer hei 100 Milliounen investéieren. Wa mer soen, mir droe 25%, 35%, 50%, eventuell 70%, da bleift nach ëmmer dee gréisste Prozentsaz ze finanzéieren. An dee gëtt gemaach säitens de Gemengen, säitens Syndicatgemengen, déi och Prioritéiten an hire Gemengen, bei hire Bierger setzen, fir dem Sport hei zu Lëtzebuerg ze hëllefen, sech ze entwéckelen. An dat ass gutt an dat ass flott och esou. An ech muss soen, datt mer op Säite vun de Gemengen en exzellente Partner hei fonnt hunn, déi eis hëllefen, eis Sportspolitik de Bierger méi no ze bréngen.

Et gesäit een och, datt net nëmmen de Stat, mä virun allem d'Gemengen och erkannt hunn, datt et wichteg ass, an dëse Beräicher ze investéieren. An deene viregte Fënnfjorespläng gouf viles realiséiert, an et ass richtig, datt mer amgaang sinn, och eng Analys vun deenen néng Fënnfjorespläng ze maachen. Hei sinn déi meescht exekutéiert. Vum aachte Fënnfjoresplang stinn nach just een, zwee Projeten op. Am néngte sinn déi lescht amgaang fäerdeggestallt ze ginn.

Ech hunn an der Kommissioun versprach, datt mer, soubal mer de Bilan hunn, souwuel vum aachte wéi vum néngten, zrëck wäerte goen, fir ze kucken: Wat gouf dann aus der initialer Iddi, wéi och hei, vun de Fënnfjorespläng an der Praxis ëmgesat? Wat ass dat, wat herno och déi eenzel Lëschte beinhalt huet a konkret ëmgesat gouf? A wéi sti mer elo par rapport zu deem, wat nach muss an deem zéngte Fënnfjoresplang realiséiert ginn?

Ma zu Recht, an dat ass leider virun allem och am Sport esou, soubal Milliounen investéiert ginn, da gi grouss Fragezeiche gemaach. Ech muss awer soen, datt et hei drëm geet, fir 100 Milliounen an d'Infrastrukture mat ze investéieren. An et ass richtig, wéi hei gesot gouf, vu Riedner... Déi Deputéierten, déi virdru mat an der Regierung waren, wëssen, datt am Kader vun där viregter Regierung, wou mer vu Spuermoosname geschwat hunn, dat Zil, dat ech eigentlech hat, fir dës Kéier 120 Milliounen ze investéieren, mam Finanzminister gekläert gouf, datt mer op 100 Milliounen géifen erofgoen a virun allem géife probéieren - an dat äntwert op eng vun de Froen hei -, datt mer géife kucken, méi rationell ze bauen, méi zesummen, méi regional ze bauen.

Virun allem awer och kucken, déi eenzel Projeten esou ze begleeten, datt et Projekte sinn, déi effektiv dat sollen duerstellen, wat et effektiv ass, an datt mer och solle virun allem déi Coûten esou festleeën, datt een effektiv an Zukunft ka soen: Wat heescht eng Dépense fir eng Sportshal, eng zweedeeleg? Wat heescht eng Dépense fir eng dräistellg? Wat heescht eng Dépense an enger Schwämm? Wat heescht eng an engem Fussballterrain? Datt mer also fest Coûten dropsetzen, op deenen dann eis Prozenter gemaach ginn.

Dat wäert eis ganz kuerzfristeg hëllefen, datt déi Coûte wäerten erofgoen. Well ech mengen, wann ech weess, datt e Plaffong gesat ass, op deem e Prozentsaz ass, da gëtt et net no uewen eng Explosioun. Soudatt mer et wäerte fäerdegbréngen, mat manner Suen op d'mannst datselwecht, ech géif souguer soe méi ze maachen, well ech, mengen ech, hei e Moyen kréien, wou mer effektiv och eng Responsabilisatioun vu méi Acteurs kréien, souwuel vun deenen, déi plangen, wéi deenen, déi subventionéieren, wéi deenen, déi bauen. An dat Zesummespill wäert eis hëllefen, datt mer effektiv déi 100 Milliounen säitens dem Stat och gutt a richtig wäerten investéieren.

Hëllefen dobäi wäert eis déi op e puer Plazen ugeschwaten Datebank, déi jo och a Fro gestallt gëtt. Eng Datebank, déi eng Zort Portail ass, déi wäert hëllefen, virun allem och de Gemengen, eng Kéier en Iwwerbléck ze kréien iwwer hir Infrastrukturen, déi se hunn. Et gouf ugeschwat: Wéi ass den Zoustand vun deenen? Dat hu mer alles net. Dat muss mer all Kéiers nofroen, muss mer op der Plaz kucken. Dat kréie mer heiriwwer. Mir kréien derniewent virun allem och e wichtige Facteur eriwuer, dee vun de Frais de fonctionnement, déi do-runner hänken, déi d'Gemege solle wëssen.

An ech mengen, dat ass och eng politesch Aufgab vun der Regierung, fir d'Gemengen och ze schützen an dësem Volet an ze soen: Wann Der deen doten Invest maacht, dann heescht dat och iwwert déi nächst Joren déi do an déi do Frais de fonctionnement! D'Madame Lorsché huet d'Beispill vun de Schwämmen ugeschwat. Och hei also heescht et, eng schützend Roll, eng weisend Roll ze spillen, wat heescht bei engem Invest vun engem Coût, déi heiten ordinär Käschten, déi op deen ordinäre Budget vum Stat wäerten hinkommen.

An hei hu mer eng ganz flott Datebank zesumme gestallt, wou et hei, an dat gouf richtig erkannt, just ëm de Finanzement vun där geet. Ee Finanzement, deen ëm déi 200.000 Euro sech wäert belafen iwwert déi nächst Joren, mat deem ganze Suivi awer derbäi. Et ass net nëmmen d'Erstellen, mä et ass och de Suivi, dee realiséiert gëtt, an dat an Zesummenaarbecht mat dem Gemengesyndikat, dem SIGI, wou mer elo relativ kuerzfristeg an deenen nächste Wochen och eng Presentatioun vun dëser Datebank wäerte maachen, fir ze weisen, wat konkret dobäi erauskoum, a fir ze weisen,

wat d'Plus-value effektiv vun dëser Datebank ass.

An ech mengen, wann een dat visuell gesäit, da gesäit een och, wéi gutt datt och dës Suen ugeluecht sinn. Dat wäert eis hëllefen, net nëmmen eng Dépense ze hunn, mä virun allem eng Moins-dépense ze hunn an deenen nächste Jore bei dem Invest vun de Sportsinfrastrukturen.

Et wäert derniewent virun allem awer och e wichtige Facteur eriwerginn, dee vun der Transparenz, déi mer hu beim Ausgi vun eise Fongen. Hei wäerte mer genau gesinn, wou déi Suen investéiert sinn, wat d'Contrepartie vun de Gemengen ass an och, wat eng gewësse pluriannuel Finanzéierung ugeet respektiv Planungssécherheet gëtt an deenen nächste Joren, fir ze gesinn: Wéini muss mer wéi eng Sportsinfrastrukturen erëm ersetzten, déi effektiv virun enger Rei vu Jorzéngte gebaut gi sinn? Wéini fällt et erëm un? Wéi muss mer also plangen, fir deen nächste Fënnfjoresplang opzestellen?

Ganz vill diskutéiert goufen an deem Kader vum zéngte Fënnfjoresplang ëmmer erëm dräi grouss Projeten, wat d'Sportsinfrastrukturen betrëfft. De Vëlodrom gouf ëmmer erëm zitéiert, ee Projet, deen am aachte Fënnfjoresplang nach ass. Hei ass et richtig gesot ginn, datt mer plange mat der Gemeng Mondorf - dat am Kader vun dem Projet vum Lycée vu Mondorf - eng Plaz ze reservéieren, fir effektiv och hei erëm eng Kéier käschtegegenschteg ze bauen a Synergien ze siche vun Infrastrukturen, déi do sinn, déi ounideem (veuillez lire: souwisou) gebaut ginn, déi do kënnen genotzt ginn, an dann och hei d'Planung vun dësem Vëlodrom an deenen nächste Jore parallel zur Entstehung vum Lycée vu Mondorf, respektiv vun deem ganze Site, deen do ass, am Kader och vum Plan directeur do kënnen ëmzesetzen.

Wat den nationale Fussballstadion betrëfft, mengen ech, huet jiddwereen hei eigentlech gesot, an dofir sinn ech och frou iwwert...

► **M. le Président.** - Entschëllegt, Här Minister, den Här Kartheiser wollt lech eng Fro stellen.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Kee Problem.

► **M. le Président.** - Wann Dir d'accord sidd? Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Selbstverständlech. Dat erlaabt mir, eng Schlupp ze huelen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat ass e gutt Beispill vun Zesummenaarbecht. Merci, Här President. Merci, Här Minister. Ech wollt lech froen, elo wou Der vum Vëlodrom schwätzt: Mir hate jo festgestallt, datt eng Zomm vun aacht Milliounen nach disponibel war am Kader. Am leschte budgetäre Kader vum Plan quinquennal sinn déi Rescht bliwwen. Mir hate jo och déi Diskussioun am Kader vun der leschter Legislaturperiod.

Dofir meng Fro: Wat maacht Der elo mat deenen aacht Milliounen, déi fir de Vëlodrom eigentlech nach missten do sinn? Sinn déi nach do? A wat geschitt mat deene Suen an nächster Zäit?

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Jo, ech mengen, déi Fro ass relativ einfach ze beäntweren. Effektiv waren déi doten am Kader vum aachte Fënnfjoresplang an de Fonds d'équipement gespeist ginn. Vun deene Suen ass just een Deel fort, dat, wat d'Etüd betraff huet, wat de Bau vum Vëlodrom zu Zéisseng deemools betrëfft. Déi aner Sue si selbstverständlech nach do, an ech mengen, déi kommen additionnel zum Fong, dee mer de Moment hunn, derbäi. A wa mer dann de Vëlodrom bauen, wäerte mer selbstverständlech déi Suen och aus dem Fonds d'équipement huelen, fir kënnen dat ze realiséieren.

Mir sinn awer iwwerzeegt, datt mer déi Zomm, déi mer wahrscheinlech deemools haten, net wäerte brauchen, wa mer all déi Synergien hei kënnen notze bei dësem Bau vum Lycée. An ech mengen, do kënnen mer dann, och opgrond vun där Aart Fonds, deen nach do ass, och wierklech dës Vëlodrom dann an deem Moment bauen, am Kader, wéi gesot, vum Konzept vum Lycée zu Mondorf.

Da kommen ech vläicht virun zum nationale Fussballstadion, deen hei ugeschwat gouf. An ech mengen, et ass richtig, datt vun alle Riedner ugeschwat ginn ass, datt mer hei eng Prioritéit dropgesat hunn als Regierung, datt virun allem weinst der Nécessitéit, fir dës Installatiounen UEFA-konform ze maachen. Zweetens awer och, fir den Image de marque vu Lëtzebuerg dobaussen

ze weisen a well mer effektiv, wat de Standard betrëfft an och wat d'Sécherheet betrëfft, ee vun de schlechteste Stadione an Europa hunn, soudatt mer hei séier muss reagéieren. Hei ass e gewëssenen Zäitdruck do.

An ech mengen, Dir wësst, datt déi viregt Regierung - an déi nei Regierung huet am Regierungsprogramm dat iwwerholl -, datt mer de Moment zesumme mat der Stad Lëtzebuerg amgaang sinn ze kucken, wéi mer eng Modernisatioun vum Stade Josy-Barthel kënnen maachen. D'Servicer vun der Stad Lëtzebuerg sinn amgaang ze kucken um techneschen Niveau, wéi engersäits sécherheetsméisseg an zweetens och verkéierskonzeptméisseg dësen Avantprojet, deen do ass, deen elaboréiert gouf vun der FLF an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg an dem Sportsministère, och kann ëmgesat ginn. Mir wäerten eis duerno da gesinn a mir wäerten dann och en Timing op dës Aarbechte setzen, esou wéi et jo och hei ugeschwat ginn ass.

Derniewent de Liichtathletiksstadion, deen ugeschwat ginn ass. Ech mengen, mir wëssen, datt, wann déi Modernisatioun gemaach gëtt, et dann och uestet, datt de Liichtathletiksstadion gemaach gëtt, an datt virun allem probéiert gëtt, et och hei an der Stad Lëtzebuerg ze maachen. Och hei ass et esou, datt mer den INS erausgesicht hunn, fir e Projet dorobber ze setzen, dat opgrond vun engem Cahier des charges vun der FLA an och vum COSL.

Mir hunn e Projet elaboréiert, deen all deem Rechnung dréit, wat an deem Cahier des charges gefrot ginn ass, souwuel säitens den Zuschauer wéi och säitens de sanitären Anlage wéi och deenen eenzelne Raim, déi ee brauch, fir hei Kompetitiounen ofzehalen, Training, national Kompetitiounen an och international Kompetitiounen.

Mir hunn de Moment ee Projet elaboréiert an Zesummenaarbecht mat de Bâtiments publics, dee sech de Moment nach beleeft op sechs Couloiren. Mir wëssen, datt mer, wa mer a gewëssen international Sphäre wëllen eragoen, aacht Couloire brauchen. Dofir si mer de Moment nach eng Kéier amgaang ze analyséieren, ob et machbar ass, souwuel technesch wéi och finanziell, fir um INS aacht Bunnan ze aménagéieren.

Do wäert och dës Analys geschwé kommen, an da wäerte mer eis zesummesetzen an deem Aarbechtsgrupp, dee mer hunn, tëschent dem Ministère, tëschent de Bâtiments publics, tëschent der FLA an derniewent och dem COSL, fir och dës Projet kënnen ze lancéieren.

Zum Schluss vläicht e puer Wieder, déi een och héieren huet an och vläicht e puer Remarquen op eng Rei vu Remarquen hei.

D'Madame Nancy Kemp-Arendt ass zu Recht op d'Fro agaangen - ech ginn net méi dorop an -, wéi si d'Sportspolitik gesäit. Ech gesi se genauso. Ech mengen, do leie mer op enger Wellelängt. An ech weess och, datt mer eng ganz Rei vun Efforten nach mussen maachen.

Déi Remarque, wat d'Gemege betrëfft, datt mer hei souzesoen dee Lastik net méi hunn, fir eigentlech ze zéie vu 35% an ze soen: Hei ass eng Gemeng, déi finanziell méi schwach ass, op 40. Do geet eigentlech den Trend drop hin, och an dësem Kontext, fir méi regional ze bauen, fir méi zesummen ze bauen. An dann ass jo d'Ënnerstëtzung 50%, an do kann een, muss een dann net all Kéiers iwwert den... (veuillez lire: iwwert d'Prozenter 25, 35, 50) fueren, mä do huet ee fix Prozenter. Dat hëlleft also och eng gewësse Stabilisatioun am Management ze maachen, wat déi eenzel Projekte betrëfft.

Wat déi zwee Projekte betrëfft, souwuel de Liichtathletiksstadion wéi de Fussballstadion, hunn ech gesot, datt mer selbstverständlech mat der Stad Lëtzebuerg ee Verkéierskonzept mussen ausschaffe fir déi zwee. An hei muss een e gutt Zesummespill hunn tëschent engersäits festem Parkraum, awer och virun allem enger Mobilitéit, déi een hibréngt mam ëffentlechen Transport, also ze kucken esou gutt wéi méiglech dës zwee Siten anzebannen an dat zweet Verkéierskonzept, dat hei steet.

Wat all déi Remarquen vun deenen Eenzelnen ugeet, wat de Schoulsport betrëfft, ginn ech lech recht. Hei muss mer, hei hu mer am Regierungsprogramm vill stoen. Dat muss mer an d'Praxis ëmsetzen, muss mer zesumme maache mat dem Éducatiounsministère, fir eng Rei vu Problemer, déi an deene leschte Joren, mengen ech, ëmmer erëm diskutéiert goufen,



och konkret ze léisen. An dat virun allem zu enger Fërderung vun de Kanner am fréien Alter hi sech ze bewegen an eigentlech déi richteg, gezielten Ausbildung derniewent och ze hunn, fir dat ze maachen.

Wat de Bénévolat betrëfft, mengen ech, soll een elo emol eng Kéier eng Bilanzéierung maa-che vun all deem, wat gemaach ginn ass. Den „bénévole de l'année“ wäerte mer viruféieren. Et ass jo esou, datt Der zu Recht sot, mir wielen der all Kéiers dräi eraus. Mä derniewent ass all Federatioun, déi een „bénévole de l'année“ huet, dee geëiert gëtt. Dofir ass et scho richteg, datt sécher net jiddwereen ëmmer frou ass, wann en net den Éischten, Zweeten, Drëtten ass. Mä e kritt awer e Präis mat, well e jo de Bénévole ass. An och dat ass eng moralesch Unerkennung, déi hei geleescht gëtt.

Aner Aktiounen hate mer, wéi d'Formatioun an d'Traineren, wéi d'Ënnerstëtzung iwwer Pilot-projete vun de Bénévolen, wéi derniewent och Chèques-services, déi gespillt hunn. Mä ech mengen, datt d'Haaptzil muss dat sinn, datt an de Veräiner erëm de Geescht vun der Famill opkënnt. D'Familljen... dat Ganz, datt ee Club eng Famill ass, wou jiddweree fir deeselwechte But schafft, wou ee sech wuelfillt, wou ee gären dohinnergeet.

An da vu mir aus nach ëmmer kloer de Mes-sage: Wien eng Kéier Sportler war, soll an Zu-kunft och Bénévole sinn. Well dat, wat de Sport em ginn huet, soll en dem Sport erëm zrëck-ginn. Mir hunn et esou gemaach. An ech mengen, et soll een eng Rei vun aner Leit... An eng ganz Rei heibanne sinn der, déi et esou maachen. Ech mengen, dat soll och een Ureiz sinn, datt nach anerer dat an Zukunft kënne maachen.

Zum Schluss vläicht...

Ech gesinn, Här President, Merci fir Är Gedold, meng Zäit ass effektiv hei, meng Riedezäit ass ofgelaf. Vläicht...

► **M. le Président.** - Här Minister, Dir kënnt och roueg zur Schlussfolgerung da kommen. Mä virdrun hunn ech awer eng Fro vun der Madame Arendt.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här Minister, ech hat gefrot, wat de gesetzleche Kader be-trëfft, ob dat eventuell eng Méiglechkeet wär, wann een e gesetzleche Kader fir d'Bénévolé géif envisagéieren. Dir waart net op d'Fro elo agaangen.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Jo. Also ech mengen, et ass esou, datt ech gesot hunn, datt mer fir d'Éischt ee Bilan maache vun den Aktiounen, déi gelaf sinn. Et muss ee kucken, wéi dat gewierkt huet. An da muss ee kucken, a wat fir enger gesetzlecher Rumm ee kann effektiv Bénévolen hëllefen.

Mir haten emol eng Kéier d'Iddi gehat vun Assu-rancen, déi eventuell kéinte spillen. Dat kéint eng Pist sinn. Mir haten d'Iddi, wat keng gesetz-lech... iwwer Cartes bénévoles, déi sollten aus-gestallt ginn, zum Beispill wéi Kaarten, déi an der Kultur bestinn, fir déi kënne ze benotzen.

Alles dat si Pisten, déi mer amgaang sinn ze elaboréieren, virun allem awer ofzeschätzen a virun allem och finanziell ofzeschätzen, well do hänkt natierlech och ee gewëssen Impakt drun. Wa mer dat maachen, da musse mer eng Ëm-schichtung an eise Budget vum Ministère maachen. Mä awer mat Sécherheet ass de Bé-névole wichteg a wäert och an Zukunft wich-teg bleiwen.

Wann Der dann erlaabt, Här President, géif ech zu mengem Schluss kommen. Ech géif eigent-lech op dat zrëckgräifen, datt déi 100 Milliounen, déi hei investéiert ginn, sécher eng Dé-pense sinn. Mä op där anerer Säit sinn et awer och grouss Recetten, déi sech an enger Rei Beräicher zrëckspigelen. Am Sport selbstver-ständlech. Dës Sportsinfrastrukture wäerten dem Sport hëllefen an deenen dräi Domänen: Sport à l'école, Sport-loisir a Sport de compétition.

Se wäerten awer och der Economie hëllefen. A wann hei gefrot gouf de PIB eng Kéier vum Sport, do si mer amgaang, dës Analys ze maa-chen, sinn amgaang iwwert de Volet vum Compte satellite sport dat och hei zu Lëtze-buerg ze iwwerdroen. Dat virun allem ze iwwerdroen och mat Donnéeën, déi mer vum Statec kréien. Ech kann lech awer Chifferen nennen - den Här Berger huet se gefrot hei an zitëiert, Dir hutt se och vläicht gelies. A Fran-kräich zum Beispill sinn 2% vum PIB direkt, déi

aus dem Sport erauskommen. An derniewent ass do net agerechent dee ganzen Impakt vum Bénévolat.

Wa mer do nämlech d'Stonnen eng Kéier mat engem Stonneloun héichrechnen, gëtt deen Impakt riseg an da gëtt de PIB och vill méi grouss. Ech sinn iwwerzeegt, datt hei zu Lëtze-buerg mer net wäit vun deem, wann net vläicht souguer iwwert dësem Prozentsaz vum PIB eraus stinn.

Derniewent virun allem awer och dee ganzen Impakt, deen dee soziale Volet betrëfft. Déi ganz Integratioun, déi hei zitëiert gëtt. Dat si Wäerter, déi mer net kënne moossen, déi awer do sinn. Evident. Genausou gutt wéi an der Gesondheet mer manner Dépensé mussen a wäerte maachen. Och hei wäert ech d'Kap vum Sécurité-sociales-Minister kënne opdoen, fir ze soen, déi Suen, déi mer an der Ge-sondheetskeess manner ausginn, déi hu mer hei am Sport eben investéiert.

Derniewent och den Tourismus, wou mer ganz vill, an dat virun allem och an deene leschte Joren, eng ganz Rei vu flotte Projeten zesumme gemaach hunn, wat deenen eenzelne Regiou-nen eppes konkret och wierklech erëmbuecht huet.

Alles dat, mengen ech, wäerten eng Rei Saache sinn, wou ech wëll drop hiweisen, datt déi Dé-pensen, déi mer am Sport hei gemaach hunn, souwuel spille fir de Sport, fir d'Economie, fir den Emploi mat der Kreatioun vun Aarbechts-plazen, fir d'Gesondheet, fir d'Famill, fir d'Édu-catioun a fir d'sozial Integratioun. An an deem Sënn soen ech alle Fraktiounen Merci fir d'Zou-stëmmung a freeë mech, fir zesumme mat de Gemengen dësen immens flotten a kompeti-tive Programm duerchzezéien.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Och ech soen dem Sports-minister Merci, virun allem, wann e sech déi nächste Kéier un d'Zäit hält. Well déi ass ze moossen, Här Sportsminister.

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.** - Gutt.

► **M. le Président.** - Kee Problem. Mir si jo haut alleguer e bësse méi flexibel, well et deen éischten Élan ass. Jo, ech hunn heiansdo héiere vu fréiere Kollegen, dass ee Ministerkollegen, wa se an engem gudden Développement sinn, net soll stoppen. Datselwecht géllt fir d'Depu-téiertekollegen, wa se am Rahme bleiwen.

Ech soen lech Merci an ech follegen direkt deenen, déi mer roden, mer sollen zum Vote iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6559 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. De Vote par procuration. Ech hu 57 Votanten. 57-mol Jo.

(Interruption)

Wie mengt, dass et net gaangen ass? Den Här Urbany, d'Madame Hetto. Mir kucken dat no. Merci.

De Projet de loi 6559 ass also à l'unanimité ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6559 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Marc Angel), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

An ech wollt lech da froen, ob Der d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote gitt.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum leschte Punkt vun eise-m Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6590. Do geet et ëm eng Konventioun iwwert d'Liewensmëttelhëllef. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalten. Den Här Rapporteur ass den Här Marc Angel. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Graas, Adam, Kartheiser an Urbany. Den Här Marc Angel huet d'Wuert.

8. 6590 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'assistance alimentaire, faite à Londres, le 25 avril 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleg-innen a Kollegen, et geet effektiv ëm d'Appro-batioun vun enger Konventioun iwwert d'Assis-tance alimentaire, der Konventioun vu London vum 25. Abrëll 2012, déi am Fong eng ganz al Konventioun ersetzt, déi geheescht huet „rela-tive à l'aide alimentaire“ vun 1964.

Kuerz den Historique: Déi 64er Konventioun ass regelméisseg erneiert ginn all fënnef Joer vun 1967 bis 1990. Si ass adaptéiert ginn, awer d'Prinzipie sinn net geännert ginn. Déi lescht Adaptatioun war 1999, an d'Renégociatiounen, fir déi ze erneieren, déi si retardéiert ginn - déi Verhandlungen -, well am Kader vum Cycle vun Doha gemengt ginn ass vun der Welthan-delsorganisatioun, dass een, wat d'Négocia-tiounen iwwert d'Agrikultur an d'Aide alimen-taire ubelaangt, d'Resultater vun Doha misst ofwaarden. Do ass also näscht geschitt.

Am Joer 2010 huet dunn d'FAO décidéiert, dass déi Konventioun total inadap-téiert ass an dass se muss erneiert ginn, fir de Besoine vun der Aide alimentaire besser Rechnung ze droen, fir och d'Ursaache vun der Liewens-mëttelonsécherheet ze attackéieren. An et ass fonnt ginn, dass déi Konventioun net nëm-men d'äerf d'Besoine vun der Aide d'urgence abe-gräifen an och dass déi Konventioun misst mo-derniséiert ginn, fir och kënne nohalteg Léi-sungen ze proposéieren.

D'Experte vun der FAO hunn also eng nei Konventioun ausgeschafft, an där se effektiv dann déi Ursaache vun der Liewensmëttelonsé-cherheet attackéiert hunn. Déi nei Konventioun enthält och Moosnamen, fir d'Agrarproduk-tioun an de Südlänner virun allem ze steigern, och fir déi sougenannten „circuits de commer-cialisation“ besser ze verstärken an och aner Schwächten an där Konventioun, vun där fréierer Konventioun opzehiewen, besonnesch, wat och de Kontabilitéitssystem ubelaangt, wéi déi Liewensmëttelhëllef quantifizéiert ginn ass.

Déi nei Konventioun reflektéiert awer wéi gesot eng moderniséiert Visioun. An et kann een et résuméieren: Virdrun ass vun der „aide alimen-taire“ geschwat ginn, elo gëtt vun der „assis-tance alimentaire“ geschwat. An dat seet schonn eng gewësse philosophesch Ännerung an de Prinzipien, déi am Fong d'Plus-value vun dësem Projet sinn an déi och am Artikel 2 ge-nau opgelëscht sinn.

An et ass och dat, wat mer an der Kommis-sioun diskutéiert hunn, dass dat am Fong d'Plus-value ass vun där neier Konventioun, déi nei Prinzipien, déi opgezielt ginn. D'Aide soll méi effikass ginn, se adaptéiert sech also der Déclaration de Paris, déi mer all kennen an der Entwécklungszesummenaarbecht.

Et gëtt och de Prinzip vun der Responsabiliséie-rung grouss ënnerstrach; et gëtt op d'Sécurité alimentaire gepocht an och, dass déi Landwirt-schaft an deene Länner muss rehabilitéiert an op Vordermann bruecht ginn.

Och den Informationsaustausch gëtt grouss-geschriwwen. D'Cohérence des politiques, och ee vun deene groussen neie Prinzipien an der Entwécklungszesummenaarbecht, ass an dëser Konventioun zrëckbehalen, a besonnesch d'Co-hérence tëschent der Assistance alimentaire an den Instrumenter vu konnexe Politiken. An, wat - mengen ech - ganz wichteg ass: D'Prio-ritéit gëtt ënnerstrach, fir dass haaptsächlech Produkter op de Marchés locaux a régionaux an de Länner ronderëm do, wou Problemer sinn, kaaft ginn.

All Partei, déi dës Konventioun ënnerschreift a Partei dovunner ass, muss all Joers en Enga-gement, also eng Verflüchtung huelen, dat nennt een dat sougenannten „engagement an-nuel minimum“. Dëst Engagement muss da communiquéiert ginn dem Secrétariat général vun dëser Konventioun.

Wat d'Engagement vu Lëtzebuerg ubelaangt, dat kann ee genau noliesen am Exposé des motifs an och a mengem schrëftleche Bericht. Ech wëll dat résuméieren: Lëtzebuerg ka bal all seng Kontributiounen, déi en an de PAM, also an de sougenannten „Programme alimentaire mondial“ aschreift an och an de Fonds interna-tional de développement agricole an och deelweis Gelder, déi mer fir d'ONGe virgesinn, déi an der Liewensmëttelhëllef aktiv sinn, mir kënne all déi Fongen an Engagementer gëlle loossen, fir dass mer deen Engagement mini-mal kënne aschreiwen am Sekretariat an där Konventioun hei weiderschécken.

Déi Konventioun ass och um Niveau vun der Europäescher Unioun traitéiert ginn an disku-téiert ginn an engem informelle Conseil vun de Ministere. An do ass gesot ginn, et soll een eng virsichteg Haltung hunn. An zum Beispill huet d'Europäesch Unioun do 80% vun hirem Budget d'aide alimentaire ageschriwwen, wat se am Kader vun där Konventioun géife mellen.

Lëtzebuerg huet sech un där Recommandati-on inspiréiert, an och 80% vun onse Kontri-butiounen, déi mer an de PAM ginn, schreiwe mer dann do an. Et ass am Fong en initiaalt Engagement vu véier Milliounen Euro fir den Exercice 2013. A wann een d'Fiche financière kuckt, déi beim Projet ass, an ech zitëieren déi, dat si keng Suen, déi mer als supplementar mussen aschreiwen. Dat si Suen, déi souwisou am Budget virgesi sinn. Mä déi schreiwe mer elo an an dat Dokument, wat mer schécke bei dat Sekretariat vun där Organisatioun.

Ech wollt dem Minister just Merci soe fir seng Präsenz den 13. Januar an der Kommissioun, wou mer dee Projet méi am Detail presentéiert hunn, wou mer och eenzel Froen nach gekläert hunn. An dofir him schonn e grouse Merci an och de Membre vun der Kommissioun Merci, dass Der dee Rapport unanime ugeholl hutt. An ech huelen un, dass dat haut och de Fall wäert sinn.

Ech op jidde Fall soen lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rap-porteur. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här Pre-sident. Ech wëll och ganz kuerz just dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi en hei gemaach huet. Déi Konventioun iwwert d'Assistance alimentaire ass effektiv säit 1967 eent vun de wichtegsten Instrumenter, déi mer hunn, fir déi Agrariwwerschëss vun eise Länner an déi en voie de développement eriwwerze-setzen.

Mir wëssen awer och, datt effektiv eng Rei Kritiken un deem Instrument do waren, well am Fong considéiert ginn ass, datt et just Symptomer traitéiert huet an am Fong net déi richteg Léisunge méi fonnt huet.

Mir fannen, datt déi Renégociatioun hei, déi virun e puer Joer ofgeschloss ginn ass, déi also haut hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt, am Fong op e puer wesentlech Punkten, Dir hutt se all beschriwwen, haaptsächlech, datt d'Gouver-nance verbessert gëtt, datt d'Transparenz wierklech ganz anescht gemaach gëtt an och de Fait, datt e Minimum..., datt minimum Par-ticipation-annuellé mussen festgeluecht ginn - fir Lëtzebuerg véier Milliounen -, fanne mer och hei e richtige Wee, fir ze goen.

Ech wëll also einfach soen, datt et fir eis e gudde Projet ass, e wichtige Projet ass, an datt mer selbstverständlech mat deem Projet d'accord sinn. Mir wäerten e stëmmen.

Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Wi-seler. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou, wann de Mikro e bësse méi haart géif agegallt ginn, well et ass jo onschwéier ze erkennen, datt ech e bësse Problemer mat der Stëmm hunn.